# De Wee vun eiser Famill

1992 war eist Nationalt Erënnerungsjoër un de Krich well viru 50 Joër, den 31. August 1942 déi batterst Zäit fir d'Lëtzebuerger ugefaang hat.

Wëll Zeien aus der Zäit ëmmer méi rar gin, as de Wonsch ausgesprach gin, d'Leit sollen hir Erënnerungen zu Pabeier bréngen. Dofir wëll ech de Wee beschreiwen deen eis Famill hat misse goen, a wat mer alles erlieft hun.Et war ee Wee ënner villen an et war kee gudden derbäi. Apaart fir eis Kanner a Kandskanner as et wichteg ze wëssen wat deemols souwuel an der Welt wéi bei eis geschitt as, an datt et deemols nët liicht war fir Lëtzebuerger ze sin.Dat soll se virsiichteg machen fir alles, wat sech erëm an der Welt, an apaart op der anerer Säit vun der Musel zesumme braut.

D'Famill Martin REISCH-THIRY war eng grouss Famill an eise Papp huet op der Schmelz geschafft. Hie war gebuer 1896; eis Mamm 1897; den Ady 1921; de Lucien 1923; de Roger 1925; de Josy 1928; d'Maisy 1931; d'Alice 1933. Gewunnt hu mir zu Péiténg, Longkécher Strooss,112.

Mäerz 1993

Lucien REISCH

# *De preiseschen Iwwerfall op eist Land*

Wéi d'Wehrmacht vun Nazi-Däitschland, freides den 10. Mee 1940 an eist Land agefall as, obschons och si eis Onofhängegkeet an Neutralitéit unerkannt haten, do sin d'Leit vu Péiténg an Emgéigend ëm halwer sechs mueres duerch Fligergeräisch erwächt gin. D'Preise sin am Land, huet et sech ganz séier erëm geschwat, op der Bomicht an de Wise sin se mat klenge Fliger gelant. Fir genee Neiegketen doriwwer ze kréie sin ech a Péiténg gaangen an och viru bis op Bomicht, et war esou. D'Haaptstrooss fir a Péiténg era war gespaart a iwwerall hannert den Haiser an de Mauere vun de Virgäertercher luche preisech Zaldote mat Gewierer a Maschinnegewierer. An de Stroosse stungen d'Leit ze diskutéieren, awer kee wosst eppes Geneës.

Um Heemwee hun ech de Papp begéint, dee vun der Gare komm as. Hie war ëm 5 Auer wéi all Dag op séng Aarbecht op Belval gefuer. Hie war ganz niddergeschloen a gro am Gesiicht an huet zu mir gesot: "Lucien, mir gi béisen Zäiten entgéint". D'Schmelz hat ewell zougesat, wéi hie komm war an huet nëmmen nach Paien ausbezuelt.

Géint 10 Auer souze mer op der Trap virun der Dir mat verschidden Noperen. Den Eisebunner Schmit wosst ze verzielen, datt géint 3 Auer eng Kolonn vu schwaarze Limousinen hei duerchgefuer wir, ech huelen un dat war den Haff an d'Regéierong, ee Gléck, datt si nach fortkomm sin, well elo wir et ze spéit. Mä wat geschitt mat eis? "Kuckt emol déi Säit op d'Athusserstrooss", sot de Papp, "do gesitt dir et". Mir haten déi Zäit fräi Siicht iwwert d'Korwisen, bis dohin. Do si preisech Camionë gefuer komm mat liichte Geschëtzer hannen drun. Si hun halt gemaach an een Deel vun de Kanounen erof bei d'Kor ënnert Weidebeem geschleeft, deen aneren Deel an de Bësch nieft der Strooss verstoppt.

Eng Stonn méi spéit hu mer Fligergeräisch héieren a kuurz dono hu mir se och gesin, et ware Fransousen. Direkt hun d'Preisen ugefaangen ze schéissen. Et huet nët laang gedauert do haten se deen éischte getraff a kuurz dono deen zweten. Mir hu gekrasch vu Roserei wéi déi zwéi Fliger mat den aarme Jongen dran erof gefall a verbrannt sin.

Eng hallef Stonn méi spéit huet en drëtte Fransous sech gewisen, awer vill méi héich a ganz virsiichteg. D'Preisen hun och op dee geschoss, mä en nët getraff. Dono as et roueg bliwwe bis et däischter war, an do hu franséisch Kanoune vum Prënzebierg erof gedonnert. D'Granaten hun iwwert eist Haus gepaff, a mir hun eis ganz séier an de Keller zréck gezun. Et war eng laang Nuecht a mir hu vill Angscht ausgestan. Am Ufank huet de Papp verzielt vum Krich 1914 bis 1918, deen d'Preisen och deemols ugefaang haten a fir " Kaiser, Volk und Vaterland " marschéiert sin.

Nëmme 60 Kilometer vun hei wech bei Verdun, waren déi schwéierst Schluechten, heiansdo hu mir de Kanounendonner bis op Rodange héieren, an zu Verdun leien d'Schanke vun iwwert 500.000 Zaldoten opgekéipelt. De Bilan vun dem mäerderesche Krich war schrecklech, 8 Millioune Leit haten d'Liewe verluer, duebel souvill ware verwonnt gin a vill si fir ëmmer Krëppel bliwwen, ganz Europa hat schwéier gelidden.

Däitschland als Ustiwweler a Verléierer vum Krich huet misse Reparatioune bezuelen an dat huet bei hinnen zu chaoteschen Zoustänn gefouert. De "Kaiser" huet missen ofdanken,an et war nët wäit ewech vun engem Biirger- krich. Ewell déi Zäit, 1920, huet e Mann sech bemierkbar gemaach, deen eng nei Partei "d'NSDAP" gegrënnt huet, et war den Adolf HITLER. Et war e gudde Propagandist a Riedner,an en huet ëmmer erëm gefuedert "de Schandvertrag vun Versailles" misst annuléiert gin. En huet et verstanen no an no vill Leit fir séng Iddien ze gewannen, nët nëmmen d'däitscht Vollek, mee och Barone vun der Industrie, der Rüstung an héich Militär hun an him de richtege Mann gesin. Ewell 1923 huet en e Putschversuch ënnerholl, deen awer nët gegléckt as. E gouf verhaft a koum an de Prisong, wou e säi Buch "Mein Kampf" geschriwwen huet; éier d'Zäit vu sénger Strof ofgelaf war as e mat sénger Agitatioun viru gefuer.

Am Januar 1933 war et souwäit, de klenge Krichgefreiten éisterräichischer Nationalitéit Adolf HITLER as däitsche Reichskanzler gin an e Joër dono huet en sech als "Führer" proklaméiert. Et huet sech séier gewisen, wat fer Ziler dee Mann ugesteiert huet. Fir all Muecht a séngen Hänn ze verenegen huet e séng Géigner aspären oder liquidéiere gelooss; déi éischt Kazetter si gebaut gin a ganz béisaarteg as e mat de Judde verfuer. D'Rüstungsindustrie as ugekuerbelt gin a geschwënn op Héichtoure gelaf.

Am Fréijoër 1938 huet en sech starek genuch gespiirt, fir séng Muecht no baussen auszebauen. Séng Wehrmacht as an Eisterräich ageréckt an do mat groussem Jubel emfaange gin. Am Hierscht huet e wéint dem Sudetenland Sträit mat der Tschechoslowakei gesicht, an am Fréijoër 1939 mat Waffen-gewalt besat. Dono war Polen un der Rei an d'Ursaach war Danzig. Frankräich an England hu gewarnt, mä trotzdeem huet e séng Wehrmacht den 1. September a Polen amarschéiere gelooss. Den 3. September hu Frankräich an England Däitschland de Krich erklärt, awer nët vill ënnerholl. D'Preisen hu systematesch hir Preparative virugedriwwen an elo am Abrëll och nach Dänemark an Norwegen besat. Voilà, dat as d'Virgeschicht fir dëse Krich, sot de Papp.

D'Granaten hu viru gepaff a wann emol eng méi no ageschloen as, dann hu mer d'Käpp agezun. D'Mamm huet e beemol ugefaang ze bieden a geschwënn hu mer all mat gebiet. Esou as d'Nuecht eriwwer gaangen, a mer ware frou wéi et hell gin as an d'Fransousen opgehal hu mat schéissen.

No engem Tour duerch Péiténg, wou op e puer Plaze Granaten ageschloen haten a wou beim Kiirfecht e Spahi-Leitnant vun de Preise vum Päerd geschoss gi war a vill Leit am Gaang waren ze paken, huet de Papp décidéiert mir sollten och domat ufänken, well, sot hien, wann d'Fransouse vum Prënzebierg erof kommen, da si mir an direktem Feier vun zwou Säiten.

Am Nomëtteg hu mer eis Saachen op d'Gare geschleeft, mee do waren esou vill Leit mat hire Bëndelen, datt mir eis gefrot hun, wéi dat sollt weidergoen. No enger energescher Interventioun vum Bunnemeeschter Reiles, dee verlaangt huet, et däerft keen hei am Stach gelooss gin, sin nach Waggonen ugehaang gin an ënnert dem Donner a Blëtze vun de Kanounen as e laangen Zuch aus der Péiténger Gare gefuer. Zu Stengefort war Endstatioun a well mir nët wosste wouhin, huet den Här Reiles, deen de Papp gutt kannt huet gesot, mir sollte mat hinne kommen, well säi Brudder wir hei Chef vun der Gendarmerie an dee géif bëstemmt eppes fannen.

Sou si mir da matgaangen an obschons, datt mer zesummen zu 15 Leit waren, si 7 a mir 8, huet de Chef vun der Gendarmerie resolut décidéiert, da réckele mer esou zesummen, datt et duer geet, mä et bleift keen op der Strooss. Mueres huet hien op en Neis décidéiert, mir bleiwen zesummen, déi dräi Mamme kachen zesummen an déi Jonk hëllefen, wat se ugestallt gin, a wann et mat dem Kichegeschir nët duer geet, da gët an zweemol giess an dertëschent gespullt. Et war dat en exemplareschen Akt vu Solidaritéit an Hëllefsbereetschaft!

Stengefort war kee Frontgebitt, mä de Preisen hiren Opmarsch vun Truppen a Waffen an d'Belsch eran, eleng iwwert dës Strooss war enorm an huet ze denke gin. D'Gendarmerie war déi Instanz, déi e bësse Bescheed wosst iwwert d'Situatioun am Land an och dobaussen. Déi Noriichte waren nët schéin, mä mir konnten dorun näischt änneren.

Well mir dene léiwe Leit hei nët onnëtz zur Laascht fale wollten, hu mir eis, esoubal mer wossten, datt et zu Péiténg erëm méi roueg wir, mat denen Eischten op den Heemwee gemaach. Eist Haus hat nët vill gelidden, mä eis Kanéngercher, déi mer, iërt mer hu misse fortgoen, aus de Ställercher an den ëmzénkte Gaart gesat haten, an do all Grings ratzekal gefriess haten, ware frou wéi mer erëm do waren. An eisem anere Geméisgaart an och am Gromperstéck hate mer eng Zäit ze dun, well mer wéint dem Krich duebel sou vill geplanzt haten wéi dat Joër virdrun.

Aus de Siegesmeldunge vun de Preisen si mer gewuer gin, datt no Holland och d'Belsch kapituléiert hat, datt déi "feig" Engländer hir franséisch "Kampfgefährten" am Stach gelooss a sech op hir Insel zréckgezun hätten". A Wiirklechkeet war et eng taktesch gelonge Meeschterleeschtung fir 200.000 Engländer an 150.000 Fransousen an sou kuurzer Zäit iwwer d'Mier zréck an England ze huelen.

Frankräich eleng huet et dono nët méi gepackt an e Waffenstillstand gefrot. De Krich am Weste war virläfeg eriwwer, den Hitler hat gewonnen, a Lëtzebuerg war mat ënnert de Verléirer. Eist Land war ënner preisescher Militärverwaltung, an déi huet den Toun ugin. Wéint hirer Rüstungs-produktioun waren eis Schmelze ganz wichteg fir si, an se hun se huurteg erëm ulafe gelooss. D'Leit, déi a Frankräich evakuéiert gi waren, sin no an no heem komm.

## *D'Lëtzebuerger kréien e Gauleiter*

De 7. August 1940 as eng Zivilverwaltung mat engem Gauleiter, dem Gustav Simon, agesat gin, deen eis "Heim ins Reich" sollt féieren. Ganz spektakulär sin Opmärsch vu giel-brongen Uniforméierte mat Hakekräizaarmbänner a Fändele mat dem Lidd "S.A. marschiert" duerch d'Uertschafte gezun, och zu Péiténg. Ech wosst nach nët, datt ee misst hire Fändel gréissen an datt de Béret verbuede wir, wéi ee vun denen aus der Kolonn eraus gelaf as, mir de Béret vum Kapp gerass huet an e puer fatzeger op de Bak gin huet, no deer Erfarung sin ech hinnen aus de Féiss gaangen.

D'Verordnunge vum "Chef der Zivilverwaltung" sin ewéi vum Himmel gereent, Liewesmëtteltickien a Bezugschéiner fir Kleder, Schong asw. gouwen agefouert. Vu Parteien, Verenegunge gouf alles verbueden dat nët däitschorientéiert war, et sollt nëmmen nach NSDAP, VDB, an Hitlerjugend bleiwen.

D'Federatioun vun der FNEL hat eis doriwwer informéiert, datt de Scoutismus géif verbuede gin, entweder Opléisung oder Hitlerjugend. Fir dat ze diskutéieren hate mir eis sonndes de 6.Oktober zu enger 20 Jongen an eisem Blockhaus zesumme fond, vun eiser Famill waren den Ady an ech derbäi. Mir waren nach keng hallef Stonn dobannen, do koumen se, a schwaarzen a gréngen Uniformen, Gestapo a Grenzschutz. Ouni eis zu Wuert kommen ze loossen hun se op eis agedresch an dono hu mir eis misse mat dem Gesiicht géint d'Mauer stellen, fir d'Leibesvisitatioun. An eise Kleder hun se näischt, mä op engem Käffer iwwert der Plaz, wou de Wirol's Josy an ech stungen, e Revolver fond, an do ware mir déi Haaptverdächteg a mir hun der nach extra erwëscht. D'Blockhaus as quasi op d'Kopp gestallt gin an do hun se nach fond: Schwerter, Säbelen, Lanzen a Picken; alles al Requisite vun den Onofhängegkeetsfeiere vun 1939, an aus engem Theaterstéck "Dem Fielser Jan sein Kreizzug". Si hun dat anescht gesin, fir si ware mir Terroristen an Heckenschützen.

Mat engem Prisongscamion si mer op Esch an d'Villa Seligmann gefouert gin, dem Sëtz vun der Gestapo. Nodeem se Personalien opgeholl haten, si mer eenzel verhéiert gin.

Bei mir wollten se eraus pressen, ob ech, oder ween, de Revolver op de Käffer geluet hätt, si hätten eng Hand gesin! Well se dobäi zu kengem Resultat komm sin, hun se mer nach eng Kéier bewisen, datt si Meeschter am Schloë waren, an dono hun se mer mat aner Konsequenzen gedreet. Am spéiden Owend hun se eis heem goe gelooss, well se op esou e Sonndesasaz net preparéiert a midd waren.

Méindes mueres an der Schoul sin ech géint 9.Auer bei den Direkter geruff gin. Hie stung an der Mëtt zwëschen zwéi Gestapoë, an do hun ech matgedeelt kritt, datt fir esou Elementer wéi ech, keng Plaz méi an der Schoul wir. Beim Zesummepaken vu ménge Sachen as de Professer bei mech komm a sot, hie géif mer roden mer esou séier wéi méiglech eng Aarbecht ze sichen, well se hätten dervu geschwat mech an e Jugendarbeitslager an Däitschland ze iwwerweisen. Wéi ech vun der Péiténger Gare heem gaange sin, war den Zimmer Metty bei sénger Kuelenhandlung jhust virun der Dir an huet mech gefrot, wat am Blockhaus lass gewiest wir. Ech hun him dat verzielt an och, datt ech aus der Schoul geflu wir, a mer eng Aarbecht misst sichen. "Ech kann der villäicht hëllefen", sot hien, "well ech muss 3 Deg an der Woch mat méngem Camion am Lottréngen, zu Busendorf, fréier Bouzonville, am Wiederaufbau fueren, si behaapte soss wir en nët ausgelaascht. Mar de Muere fueren ech erëm, fuer mat, da bas de aus de Féiss an do fënds de iwwerall Arbecht".

Den aneren Dag sin ech matgefuer a bei enger Elektrofirma aus dem Saarland sin ech och agestallt gin. E jonke Fransous aus der selwechter Firma huet säin Zëmmer mat mir gedeelt an engem Haus, wat d'Preise beschlagnahmt haten, well de franséische Propriétaire sech a Frankräich ofgesat hat. De Jong war frou, fir nët eleng ze sin, well e konnt nët vill däitsch an ech konnt mäi Schoulfranséisch verbesseren. Mat enger "Arbeitsbescheinigung" sin ech heem gefuer a se op der Gemeng ofgin, dono sin ech a Rou gelooss gin.

Well ech méindes mueres fréi scho fortgefuer a samsdes nomëttes eréischt heem komm sin, war ech nët vill zu Péiténg. Wéi de Gauleiter séng Schikanereien an enger onerdréiglecher Mooss viru gedriwwen huet hun d'Lëtzebuerger ugefaangen sech ze wiren, d'Resistenz war gebueren. Bäigedroen zu neiem Courage hat d'Loftschluecht iwwer England, déi bewisen hat, datt d'Preisen nët "unbesiegbar" wären. Am Péiténger Eck war et "d'LFK - Lëtzebuerger Fräihéts Kämpfer", déi sech ënnert eisem fréiere Scouts- master Wengler Jos organiséiert haten, den Ady an ech waren och derbäi. Wéi den 23. Mee 1941 och nach den obligatoreschen Arbeitsdienst agefouert gouf, do wosst jidfereen a wat fer eng Richtung den Zuch géif fueren.

Nodeem den Hitler am Fréijoër säi Machtberäich iwwert d'Balkanlänner vergréissert hat, huet séng Wehrmacht den 22. Juni 1941 op breder Front vun der Nordsee bis un d'Schwaarzt Mier Russland iwwerfall. Dee Krich sollt "Dem deutschen Volk Lebensraum und Rohstoffe sichern".

Déi preisesch Arméien hun d'Russen iwwerrannt an d'Begeeschterung an Däitschland war grouss.

Zu deer Zäit, engem Sonndeg am August, huet mäi fréiere Patron, wou ech méng praktesch Léier gemaach hat, mech zu Péiténg opgesicht a mer propo- séiert erëm bei hie schaffen ze kommen. Hien hat séng Elektrofirma mat Geschäft am Juli no dem Amarsch vun de Preisen zou gemaach, d'Rollueden erofgelooss a gesot, ech schaffe nët fir déi Drecksäck. Mat sénger Fra a sénge Kanner hat hie sech op Bartréng zréckgezun, wou séng Schwéiermamm e Café hat, direkt hannert der Kiirch. Elo war en op d'Kreisleitung geruff gin, wou e gesot krut,et wir engem Elektromeister sénger "unwürdig" fir Wirt ze spillen a, wann hie keng Aarbecht hätt, da géiwen si him der an Däitschland beschafen. Mir hun awer och iwwert déi allgemeng Situatioun am Land geschwat, hien huet mech informéiert, datt en aktiv an der Resistenz géif schaffen an, datt e grouss Problemer hätt, wann d'Leit misste fort an iwwert d'Grenz gefouert gin. Ech hun him gesot, datt den Ady dat scho gemaach hätt fir an d'Belsch, well hien zu Athus an der elektrescher Zentral vun der Schmelz géif schaffen an doduerch e Grenzgängerausweis hätt, wat him d'Zirkuléiere géif méi liicht maachen. Ech hun him zougesot, fir de 15.September unzefänken, an dann hätt ech och Zäit fir e Schläichwee fir a Frankräich ze fannen.

Iër ech Lottrénge verlooss hun, hat ech awer nach e schéint Erliefnes. Owends no 6 Auer sin ech gewéinlech nach iwwer Land spadséiere gaangen an do hun ech en ale Baierche gesin dee Quetsche gepléckt huet, an ech hun e gefrot, ob ech der kënnt ze kafe kréien, well se zu Lëtzebuerg dat Joër rar waren. Wéi, sot hien, ***wanns du Lëtzebuerger bas, da kënne mir awer och lëtzebuergesch schwätzen, hei hun d'Leit fréier alleguer lëtzebuergesch geschwat*** an dono si mer ëmmer hin an hir gerappt gin. Elo as et erëm un de Preisen "Lothringen ist wieder deutsch und der französische Mist muss ausgefegt werden", steet jo op de Plakaten. Hoffentlech geet et Iëch nët och esou. Ech si nach e puer Mol owes hëllefe gaangen, an de Mann war méi frou fir lëtzebuergesch ze schwätzen ewéi iwwer méng Hëllef. Mat engem Zenner Quetschen, an zwou Wallisse verpaakt, hun ech Lottrénge verlooss.

De 15. September hun ech op ménger neier Aarbechtsplaz ugefaangen, a fir op Bartréng ze kommen war nët esou einfach. Mat dem Zuch vu Péiténg op Leideléng an da 5 km zu Fouss, fir owes heem dat selwecht, an dofir sin ech och alt emol mat dem Velo gefuer. Geschafft hun ech meeschtens bei de Baueren, déi hir Reichsmarke léiwer investéiert hun ewéi se ze spueren.

1940

Mouvement de Résistance
Luxembourgeois

Luxemburgish Résistance
Organisation

No 148

NOM: R E I S C H Lucien
NAME:

GEBUERTSDATUM:
NÉ LE: 11.10.1923
DATE OF BIRTH: Reckange/Mess

ADRESS:
ADRESSE: Pétange
RESIDENCE: rue de Longwy 112



ÉNNERSCHRËFT:
SIGNATURE:
SIGNATURE:

L.F.K.

PROFESSION: Electricien
PROFESSION:

CHARGE: Membre
CHARGE:
CHARGE:

BEMIERKONG:
REMARQUES: Organisé depuis
REMARK: Octobre 1941

Luxembourg, le 15.10.1944

| DE PRÉSIDENT VUM SECTIONS-COMITÉ | DE PRÉSIDENT VUM CENTRAL-COMITÉ: |
|---|---|
| Aumer Ch. | Jockeegen |

MITGLIEDSKARTE
A.I.D.V.D.F.

336

Eingetreten
in die L-R-L-
am- 07.1.1942

R. L. L.



FREI ... FREI

# *Duerch "d'Personenstandsaufnahme vom 10.Oktober 1941"*

# *wëllt de Gauleiter eis "Heim ins Reich" féieren*

Kaum erëm doheem sin ech an den Trubblement wéint der ominéiser "Personenstandsaufnahme vom 10. Oktober 1941" era geroden. Duerch dräi Froe sollten d'Lëtzebuerger sech ongewollt "zur deutschen Abstammung" bekennen, an dat sollt esou ausgesin.

Fro 5- Jetzige Staatsangehörigkeit - Luxemburger.
Fro 7- Muttersprache - Deutsch (Luxemburgisch gilt nur als Dialekt)
Fro 8- Volkszugehörigkeit-Deutsch(Luxemburgisch zählt nur als Stammeszugehörigkeit)

D'Resistenz huet d'Gefor séier erkannt an duerch Flugblieder d'Leit opgekléiert. Zu Péiténg si vun der LFK d'Trakte vun der FLB verdeelt an dono mëndlech Uweisunge fir d'Ausfëlle vun de Formuläre gin:

- Lëtzebuerger - Lëtzebuergesch - Lëtzebuergesch sollten d'Leit mat Tënt an d'Rubrike 5-7-8 androen.

Duerch Stéchprouwen, déi de Gauleiter duerchféiere gelooss hat war him kloer gin, datt e mat engem Fiasko misst rechnen. Dorop huet en duurch eng "Anordnung zur Personenstandsaufnahme" an den Zeitunge bekannt gemaach "dass die Ausfüllung der Zählkarte zu unterbleiben hat".

Dem Gauleiter séng Äntwert huet nët laang op sech waarde gelooss. Vum 13. Oktober un as eng nei Lawin vu Veruerdnongen iwwert Lëtzebuerg era gebrach an dono as e brutal gin. De 16. sin déi lescht Judden op Litzmannstadt oftransportéiert gin, an de "Bommeleër" vun Betebuerg zu Köln geköppt gin. Dat war de Biergaarbechter Bartelmy Jos, deen d'Preise wollt d'Fäerte léieren, an engem giel-uniforméierte Lëtzebuerger-Preiss, engem "Zellenleiter", eng selwer gebastelt Bomm virun d'Dir geheit hat. D'Gielemänner hun iwwerall d'Oure gespëtzt, fir eraus ze fannen, wou "d'Rädelsführer" vun der Resistenz an de Flugbliederfabrikante géiwe sëtzen.

Ugaangs November huet d'Gestapo zougeschloen an e puer honnert Resistenzler gouwe verhaft an op Hinzert verschleeft. Eis Organisatioun d'LFK, hat déi schwéierst Perten duerch de Verloscht vun hire Chefen. Den 23. Januar 1942 gouwen eis Frënn Claude Ady an Dondelinger Demy vun engem "Sondergericht" zum Doud veruurtelt an den 12. Februar zu Köln geköppt. ***Fir d'Lëtzebuerger Idenditéit an eis Hemechtssprooch haten si mat hirem Liewen a mat hirem Blutt bezuelt.*** De Wengler Josy as mat liewes- länglech Zuchthaus dervu komm, d'LFK war zerschloen. Dofir si mir, den Ady an ech, de 27. Januar 1942 der LRL beige- trueden. D'Resistenzler sin sech zu deer Zäit eréischt richteg bewosst gi wéi geféierlech se gelieft hun, apaart d'Passeuren.

PÉTANGE, CITÉ DE LA BORNE DU PASSEUR.

Tous les chemins mènent à Pétange! Aussi ceux de L'UPAFIL. - Chaque année les Passeurs, Filiéristes et Résistants viennent à Pétange, pour un émouvant pèlerinage (si cette expression est permise) dans leur "Ville Sainte", où fut érigée la "Borne du Passeur", ce fier monument du souvenir, unique au Grand-Duché. Inauguré par l'UPAFIL à la date du 28 mai 1961, le mémorial de la "Borne" est devenu un point de ralliement de tous les rescapés de la Résistance clandestine qui, une fois de plus, se retrouveront, confraternellement réunis, au cours du dimanche, 12 septembre prochain, pour déposer des fleurs au pied de la pierre commémorative, dont la plaque porte l'inscription suivante:

"Sur ces lieux de 1940 à 1944, des passeurs bénévoles ont permis à des hommes traqués par l'envahisseur de recouvrer la liberté et de reprendre le combat pour la liberté de la patrie meurtrie".

Cette année, la 49. après la glorieuse libération du Grand-Duché, les anciens passeurs et filiéristes s'inclineront une dernière fois à l'emplacement actuel du monument qui, pour les fêtes du Cinquantenaire de l'arrivée des troupes libératrices américaines à Pétange en septembre 1944, aura trouvé une place plus calme et plus digne, loin du trafic, à l'ombre de l'église paroissiale, et rendront un vibrant hommage à leurs frères d'armes, nationaux et internationaux, morts pour la liberté de tous les peuples, victimes du despotisme des régimes totalitaires.

La population de Pétange, cruellement éprouvée par les affres d'une guerre atroce, menée par un impitoyable ennemi, se solidarisera une nouvelle fois avec les passeurs qui, sur les chemins secrets et les filières clandestines, guidaient les malheureux persécutés, les fugitifs et les "illégaux" pris en chasse par les sinistres limiers de la Gestapo, vers la liberté et la sécurité. - Qui se rappelle encore les hauts faits de ces hommes et femmes solitaires, généreux, circonspects et prudents qui dans l'anonymat le plus complet formaient les maillons d'une longue chaîne, passant de la patrie opprimée jusqu'au monde libre au-delà des frontières dangereuses?

Qu'il est long le récit des actes de ces héros qui, après la guerre, rentraient humblement dans leurs foyers, sans faire éclat de leurs exploits patriotiques et humanitaires. Leurs noms resteront gravés dans le marbre du souvenir national. Mais ceux qui ont connu ces braves, qui ont combattu à leur côté, ne les oublieront jamais. -

La chronique du courage de Pétange, cette petite cité ferroviaire d'antan, au carrefour franco-belgo-luxembourgeois, commença dès l'aube du 10 mai 1940, quand les hordes nazies rencontraient les premières forces françaises, sorties de la Ligne Maginot. Dans un meurtrier accrochage le sous-lieutenant français Jacques Chauvin tomba devant l'ennemi sur les hauteurs du "Prënzebierg". - Honneur à ce vaillant soldat qui mourut pour la France, mais aussi pour le petit Grand-Duché de Luxembourg, envahi par la terrible machine de guerre allemande! Jacques Chauvin a trouvé un monument à Pétange. Chaque année l'UPAFIL se fait un honneur d'assister à la cérémonie du souvenir devant la pierre Jacques Chauvin et participe au dépôt de fleurs à la mémoire du jeune héros français. -

"Alpha et Omega" de la guerre à Pétange! Le 9 septembre 1944, quand l'avant-garde des troupes américaines libératrices entra au Luxembourg, ce fut à Pétange que le premier soldat GI mourut sur le sol de notre pays. Un autre monument rappelle cet événement, inscrit d'une façon indélébile dans l'histoire du Grand-Duché. Chaque année l'UPAFIL répond présent à l'appel, quand il s'agit de commémorer la mort du "First American soldier fallen for the liberation of our country".

# *D'Aarbecht vun de Passeuren*

Duerch déi immens Zuel vu russesche Krichgefaangener, déi d'Preisen an deer Zäit an Däitschland erageschleeft hun, fir bei hinnen ze schaffen an do ewéi Sklave vegetéiert hun, sin déi franséisch nët méi esou schaarf bewaacht gin, a wa si un Zivilgezéi erukomm sin, hun si versicht sech no heem duerchzeschloen. Dobäi sin der ganz vill duerch Lëtzebuerg komm, a wann se nët grad op e Lëtzebuerger-Preis gestouss sin, hun si och gehollef kritt. E Problem huet sech awer un der Grenz zu Frankräich gestallt, an do waren d'Passeure gefuedert. Eis Elteren haten dem Ady a mir hiren Accord dozou gin, well de Papp der Menong war, datt all déi Leit, déi géint den Hitler gekämpft hun, dat och fir eis gemaach hun, an eis Ennerstëtzung géiwe verdingen. Hien huet awer zur Konditioun gesat, datt all Aktioun gutt misst organiséiert gin, fir ze verhënneren, dat et géif schif goen, an dat katastrophal Konsequenze fir d'ganz Famill hätt.

Den Ady huet séng Leit duerch den Athusserbësch, oder mat engem gefälschte Grenzgängerauswäis duerch d'preisesch Grenzkontroll tëschent Rodange an Athus gefouert.Am beschten as dat gaange mueres viru 6 Auer, wann déi vun der Nuetsschicht midd waren an nëmmen nach op d'Ofléisung gewaart hun. Vun der Belsch fir a Frankräich war da kee Problem méi, oder eis Kollege vun der belscher Resistenz hun dat iwwerholl.

Mäi Wee huet vun der Péitenger Gare laanscht den Dickeshaff, Rolléng, d'Maus erop, laanscht de Roudenhaff op Lasauvage gefouert. Fir an der Grenzregioun onopfälleg zirkuléieren ze kënnen huet dat missen ausgesin, wéi wann een an der Géigend eppes ze schaffen hätt, an dofir hate mer, jee no Joëreszäit ëmmer eppes um Gepäckdréier vum Velo, e Sak mat Grings oder Hä fir d'Kanéngercher, e Kranz pickigen Drot an Eisenstaange fir eng Perch ze flécken, Feierholz oder Ierzereiser. Fir sécher ze goen hat ech mer Zäit geholl, fir eraus ze fannen, wou, an ëm wat fir Zäiten am spéiden Nomëtteg preisesch Grenzpatrullen duerchgaange sin, normalerweis waren dat 2 Mann mat engem Schéiferhond. Wichteg war och, d'Leit ze instruéieren, fir en eventuellen Zesummestous mat der Patrull an och fir e méiglechst groussen Ofstand ze halen.

Et huet och ëmmer gutt geklappt bis op eng eenzeg Kéier, wou ech 3 Fransouse, scho vu Bartréng iwwer Leideléng mat dem Zuch op Péiténg matbruecht hat. Si ware vu méngem Patron agekleet an équipéiert gi mat ale Klammschong, enger Bocksee, engem Dëppe Minium an engem Dëppe Kreosot mat Pënsel. Si waren instruéiert fir am Fall, wou et schif sollt goen ze soen, si hätten a Frankräich no bei der Grenz Ausbesserungen u Leitungsmaste gemat a wiren dobäi "par erreur" op Lëtzebuerger Territoire geroden. Beim Dickes Haff hat ech se waarde gelooss, fir mäi Velo heem sichen ze goen an dono si mer lassgaangen, si, an engem Ofstand vun 100 bis 200 Meter, hannen drun.

An de Serpentine vun der Maus kuurz virun dem Roudenhaff, si mer op eng Patrull gestouss, déi ech ze spéit gesin hat. Si sin erféiert a wollte fortlafen, an do hun d'Preisen se geholl. Ech hu mer vill Virwërf doduerch gemaach, mä zwéin Deg méi spéit hun ech d'Meldung kritt, datt si gutt a Frankräich an deem Café, wou si passéiere sollten, ukomm waren. Wéi si am Verhéier ee wéi deen aneren ausgesot hun, sin se vun de Preisen iwwert d'Grenz gesat gin.

Mir hun awer och misse Leit vu Passeuren iwwerhuelen, déi oniwuerluegt an onpräparéiert esou eng Missioun ugeholl hun an et da mat der Angscht ze du kruten. Als Auswee hun se dann owends bei eis un der Dir geschellt a gesot: ech sin um Enn, huelt dir dee Mann. Dat ware geféierlech Situatioune fir eis ganz Famill, well den Ortsgruppenleiter Stoffel nëmmen e puer Haiser vun eis wech gewunnt huet. Mir hu kee virun der Dir stoe gelooss, an den Ady huet se da mueres viru 6 Auer mat an d'Belsch geholl. Mat dene Leit, déi eng Nuecht bei eis verbruecht hun, hate mer och e bëssche méi Kontakt. Et waren einfach Zaldoten drënner, mä awer och importent Leit wéi z.b. e Colonel, dee privat Direkter bei Michelin zu Clermont-Ferrand war. Iërt e fortgaangen as huet e gesot, e wir impressionnéiert vun der Hëllefsbereetschaft, déi hien hei zu Lëtzebuerg fond hätt an e géif dat ni vergiessen, sollt hien d'Geleënheet kréien fir Lëtzebuerger ze hëllefen, da géif hien dat bestëmmt a gäre maachen.

Zu deer Zäit, de 7.Dezember 1941, hun d'Japaner, genee esou agressiv a brutal ewéi d'Preisen, d'Amerikanesch Krichsflott zu Pearl Harbor iwwerfall an den europäesche Krich huet sech an e Weltkrich entwéckelt. A Russland war de preisesche Virmarsch op Moskau gestoppt gin. Reen, Schnéi a Keelt haten dozou bäigedroen. Mat fëschen Truppen aus hirem immens grousse Land sin d'Russen souguer an d'Konteroffensiv iwwergaangen, dat ware Meldongen, déi eis gutt gedoen hun.

Am Mäerz 1942 huet den Ady missen an den Arbeitsdienst goen. Well d'ganz Famill no him verlaangert huet, sin ech no zwéi Méint op Kassel bei e gefuer, d'Mamm hat mer en décke Kuch an Ham vun engem schwaarz geschluechte Schwäin agepakt. Hie war frou, fir wéinegtens ee vun der Famill erëm ze gesin an huet sech alles gutt schmaache gelooss.


Am Mee huet mäi Patron eng Aarbecht an Däitschland missen unhuelen. Zwësche Wolfsfeld a Bitburg si Lager fir russesch Krichsgefaangener opgeriicht gin. Dat ware primitiv Brakebuden, a mir hu missen d'Beliichtong installéieren. D'Wachkommandoë vun de Lager waren zum gréissten Deel jonk Wehrmachtzaldoten, déi duerch den Ubléck vun dene jämmerlechen an zerlompten sowjeteschen "Untermenschen" d'Angscht virun dem Asaz an der Ostfront geholl sollte kréien. D'Behandlong vun den aarme Leit war onmënschlech a grausam, mir waren Zeien ewéi engem aarme Kärel eng Gromper aus der Täsch gefall war. Op e puer Meter Distanz huet do esou e jonke Schnuddeler hie mat enger Bajonett an den Hënner geworf an déi ganz Equipe huet "gejohlt" dobäi, well en esou gutt getraff hat.

# En souvenir d'événements héroïques et souvent dramatiques

## Le samedi 31 juillet, la LRL avait organisé, le long de la frontière franco-luxembourgeoise, une rencontre amicale et du souvenir

Les anciens Résistants de la frontière belge (Ardennes) lors de la Seconde Guerre mondiale ayant désiré rencontrer leurs camarades survivants de la région frontalière de Belvaux, Differdange et Rodange en souvenir des événements de passage clandestin héroïques et souvent dramatiques pendant la période la plus sombre de l'Histoire de notre pays, la «Ligue luxembourgeoise des Réfugiés et Evadés politiques (LRL)» avait organisé samedi dernier une rencontre amicale et du souvenir.

Rendez-vous avait été donné pour 9.30 heures auprès du monument aux morts à Differdange, où l'on déposait devant la flamme du souvenir une gerbe de fleurs en l'honneur des 60 soldats français tombés les 10, 11 et 12 mai 1940 sur le territoire des communes de Pétange, Sanem et Differdange.



*Lors du dépôt de fleurs devant la flamme du souvenir à Differdange*

Après une réception offerte par la municipalité de Differdange qui était représentée par M. Nicolas Eickman, bourgmestre, et M. Johny Mackel, conseiller communal, le groupe, fort de quelque 60 personnes, se rendit en bus à la frontière franco-luxembourgeoise, où une délégation d'anciens combattants français avait organisé une petite cérémonie de bienvenue et où était programmée une visite d'anciens lieux de passage.

Vers 11.30 heures, la municipalité de Hussigny/Godbrange offrait une réception en l'honneur de ses hôtes qui retournaient, à peu près une heure plus tard, au Grand-Duché de Luxembourg où ils s'attablaient au Restaurant «Bache Jhang», situé à deux doigts de la frontière franco-luxembourgeoise, pour le déjeuner.



*L'association organisatrice et ses hôtes posant pour notre photographe devant le monument aux morts à [illegible]rda[illegible] [illegible]ant [illegible]mer [illegible]urn[illegible] [illegible]syn[illegible]que.*

(Photo [illegible] Joentg[illegible])

Le programme de la journée, concocté par M. Néckel Kremer, se clôturait par une visite de Lasauvage, pittoresque localité historique luxembourgeoise, dans lequel la gouttière arrière de quelques maisons rase la frontière française et qui enterre ses morts en terre française. Ce n'est donc pas par hasard que de nombreux déserteurs et persécutés transitaient pendant l'occupation nazie par cette localité dans laquelle nombre de patriotes luxembourgeois, malgré les risques qu'ils encouraient pour eux et leurs familles, leurs donnaient un sérieux coup de main pour passer clandestinément la frontière. Samedi dernier, y furent déposées quelques fleurs en reconnaissance de l'aide efficace à toute personne en péril sur le chemin de la liberté, expression d'une profonde gratitude envers les résistants [illegible]atriot[illegible] Las[illegible]

Petingen

# Die „Borne du Passeur“, ein Mahnmal für die kommenden Generationen

Schon seit vielen Jahren ist die „Journée du Passeur“ in Petingen zur ständigen Einrichtung geworden. Und so fand ihre Wiederholung am vergangenen Sonntag statt. Sie begann mit einem Hochamt in der Pfarrkirche, wo Pfarrer Camille Eischen den Gottesdienst ganz in das Zeichen der Dankbarkeit stellte, die all jenen selbstlosen Männern und Frauen zukommt, welche sich gegen die Nazityrannei stellten und ihren bedauernswerten Mitbürgern behilflich waren, sich den Klauen ihrer Schergen zu entziehen, und das mit dem Einsatz ihres eigenen Lebens. Er bat den Schöpfer, allen verantwortlichen Politikern beizustehen, damit die Opfer der „Artisans de la paix“ nicht umsonst gewesen seien.

Mit den Fahnen voran, gingen die Vertreter der anwesenden Resistenzorganisationen aus Belgien, Frankreich und Luxemburg, unter ihnen Député-Maire René Putzeys, Schöffe Roland Breyer, die Gemeinderäte Simone Barnich, Camille Bosseler, Jean Folschette, Jean-Marie Halsdorf, Léon Keiser, Jeannot Linden und François Lutgen sowie die Vertreter des „Syndicat d'Initiative de la Commune de Pétange“ zur „Borne du Passeur“, wo bereits die „Harmonie Municipale“ und eine Abordnung der Armee Aufstellung genommen hatten.


Nachdem Pfarrer Camille Eischen den Erinnerungsstein gesegnet und Gott die Seele aller Opfer der Nazizeit empfohlen hatte, ergriff Bürgermeister René Putzeys das Wort, um die Geschehnisse vom 10. Mai 1940 und den Wochen danach in Luxemburg und Frankreich nachzuzeichnen. Die eindeutige Niederlage der französischen Armee habe die Bürger beider Länder so verzweifelt gemacht, daß es seine Zeit gebraucht habe, bis das Selbstbewußtsein wieder aufgelebt und der Widerstand gegen die Nazis Form angenommen habe.

Beim nachfolgenden Empfang im Rathaus begrüßte der Bürgermeister die fremden Gäste in seiner Ortschaft, nannte General de Gaulle das Rückgrat des westlichen Widerstands und ging auf die nachteiligen Folgen eines übertriebenen Nationalismus ein, der Fremdenhaß und Antisemitismus zur Folge hätte. Zwölf Jahre, erklärte er, hätten den Nazis genügt, den Namen der Deutschen über die ganze Welt zu beschmutzen. Und selbst heute noch müßte mit erhobenem Zeigefinger gemahnt werden: „Enfants soyez vigilants, enfants méfiez vous.“

Die „Borne du Passeur“ sei ein Mahnmal für die jüngere Generation, erklärte Roger Fohl, Präsident der UPAFIL, und dankte der Gemeindeverwaltung von Petingen, die durch die Vielfalt ihrer Gedenksteine zum Ort der Dankbarkeit geworden sei. Abschließend würdigte er die Verbundenheit der drei Nationen Belgien, Frankreich und Luxemburg, die der gemeinsame Kampf gegen die Naziherrschaft geschaffen habe.

Seitens der ausländischen Gäste war es René Huhne, Präsident der UNEG, der für den Empfang dankte und an die Ereignisse von vor 50 Jahren erinnerte, und zwar an das Jahr 1943, in dem sich deutlich die Wende des Kriegsgeschehens abgezeichnet habe, besonders durch die verlorene Schlacht um Stalingrad.

Bei einem gemeinsamen Mittagessen hatten die Gäste die Gelegenheit, ihre alte Freundschaft über die Grenzen hinweg wieder aufleben zu lassen. Kei



Virun esou enger Bestialitéit as de Mond eis opstoe bliwwen, a wann nët en eleren Ënneroffizéier dertëschent getruede wir, da wire mir gedresch gin.

Fir denen auserhéngerte Leit e bësschen ze hëllefen hu mer eist Gefier, eng Motocyclett mat Sidecar ëmgebaut. De Schmadd vu Bartréng, och e gudde Patriot a Mënschefrënd, huet d'Sidecar ofmontéiert an op déi Plaz eng grouss geflecht Mall vun 1.70 x 0.60 x 0.70 Meter mat Deckel a verstellbarem dueble Buedem montéiert. Iwwerall, wou mer hi komm sin, hun d'Leit gelaacht, an d'preisesch Grenzposten zu Eechternach sin aus dem Laache bal nët méi eraus komm. Dat war gutt fir eis, well duerch dat lächerlecht Gefier si mer manner kontrolléiert gin, se hu souguer geruff: "Weg frei für die verrückten Luxemburger". Ënnert dem dueble Buedem hu mer an Tranche geschniddent Brout matgeholl a mat eisem Geschir a Material an d'Brake vun de Russe geschmuggelt; méi konnte mer fir déi arem Leit nët maachen.

Mä fir d'Fransousen, déi zu deer Zäit scho fräi op der Gewan geschafft hun, war méi dran. Wéi mer se ugesprach hun, ob se nach nët dru geduecht hätten, fir sech op den Heemwee ze maachen, hun se eis bekuckt wéi wa mir vum Mound kéimen. De Problem, soten si, as Zivilgezei an dann, wouhi solle mer goen. Zivilgezei brénge mir Iech mat, mä duerchschloen bis op "Bartringen an de Café derrière l'église" musst der Iech selwer, war eis Äntwert. No an no hu mer Gezei fir 20 Mann matgeholl an et an engem Ennerstand fir Hä a Stréi op der Gewan verstoppt, wou si et dann ewech geholl hun. Aacht hun sech dër zu Bartréng gemellt, an ech hun se dann den aneren Dag mat op Péiténg geholl an iwwer d'Grenz gefouert. Mir sin och eng Kéier ugesprach gin, fir e Fransous, dee krank war an Dépressiounen hat, matzehuelen. Deemols hun ech de Courage vu méngem Patron bewonnert; mir loossen de Jong nët hei stierwen, sot hien, mir huelen e mat. Et war e kleespere Jéngelchen an huet sech ënnert dem dueble Buedem verstoppe gelooss, doriwwer hu mer liicht Material getässelt. Déisäit der Bréck zu Eechternach huet mäi Patron ganz haart gesot an dobäi vu Freed säi kräftegt Gebëss gewisen:"Camarade, maintenant tu es sauvé". Zu Bartréng as en opgepäppelt gin an dono hun ech en iwwergefouert.

Am Grenzgebitt zu Frankräich hun ech déi Zäit, am August, festgestallt, datt d'Grenzpatrulle méi dacks hiren Tour gemaach hun an och op aner Plazen opgedaucht sin. Dat huet méng Charge als Passeur nët méi liicht gemaach an huet op eppes higedäit; och un der Grenz zur Belsch war d'Grenzschutzpolizei verstäerkt gin.

Ugaangs August war e bämol eise Frënd Wirol Josy verschwonnen. Hie war en LRL Mêmber vun der éischter Stonn, e gudde Resistenzler an e séchere Passeur, dobäi hat hie vun eis alleguer déi bescht Relatioune mat der belscher Resistenz. Wéi ech bei sénger Mamm no him gefrot hun, huet si mer verzielt, datt de Josy déi lescht Zäit bemierkt hätt, datt hie vun de giele Kollaborateuren, déi der Gestapo alles zougedroen hun, beobacht gi wir, a fir enger Verhaftung ze entgoen sech op Bréissel ofgesat hätt.

# *D'Wehrpflicht gët agefouert*

Sonndes,den 30. August 1942, huet fir Lëtzebuerg déi schwéierst Zäit vum Krich ugefaangen. Dat as geschitt, nomëttes an enger vum Gauleiter inzenéierter Kundgebung um Lampertsbierg. An enger Proklamatioun huet e bekannt gin, datt Lëtzebuerg an d'Reich ageglidert an d'Wehrpflicht fir d'Joergäng 1920 bis 1924 agefouert wir.

Scho méindes mueres as et zu Wolz zu den éischte Streikactioune komm an de Streik huet sech no an no iwwert d'ganzt Land verbreet. De Gauleiter huet direkt reagéiert an dee selwechten Dag den "Zivilen Ausnahmezustand mit Standrecht" iwwer d'Land verhaangen a mat der Doudesstrof gedrät. Hie wollt keng zweet Défaite astieche wéi den 10. Oktober 1941, well doduerch séng perséinlech Existenz a Gefor komm wir, d'Gauleiter vum Elsass a vu Lottréngen haten hir Saach schons gemeeschtert. D'Gestapo huet Hëllef kritt vun der anerer Säit vun der Musel, an e puer Honnert Leit si verhaft gin.

Dënstes, den 1. September, huet "d'Standgericht" déi éischt zwee Doudes-uurteler gesprach. "D'Standgericht" war keen normaalt Geriicht, well de Chef vun der Gestapo Fritz Hartmann, deen d'Leit verhafte gelooss hat, och Präsident vum "Standgericht" war. Am "Schnellverfahren" huet hien d'Leit ofuurtelen an dem Executiounspeloton zu Hinzert zouféiere geloos. Bis den 9. September hun 21 Lëtzebuerger Patrioten, déi friddlech géint d'preisesch Willkür protestéiert haten, dat misse mat hirem Liewe bezuelen. Vill vun denen anere sin an de Prisong oder an d'Kazett komm. Stodenten a Stodentinnen sin an Erziehungslager an Däitschland verschleeft gin. D'Nazidiktatur hat de Lëtzebuerger gewisen zu wat datt se fäeg waren.

Bei eis doheem war, wéi iwwerall bei dene Leit, déi Jongen am wehr-pflichtigen Alter haten, gedréckt Stëmmong; d'Mamm hat verkraschen Aen an de Papp nëmmen nach en eescht Gesiicht. Dat huet sech nach verschlëmmert wéi ech géint de 15. schon hu missen an d'Musterung goen. Virun der Musterung as ënnert eis Jongen diskutéiert gin, ob mer se sollte verweigeren oder dergéint protestéieren. Et war keen zu näischt dovu bereet, zevill stunge mer nach ënnert dem Schock vun de leschten Deg. No der Musterung hu mer misse bei dem preiseschen Amtsbürgermeister passéieren, deen eis géif "mit Handschlag verabschieden". Wéi mer vun de Kollegen, déi dat schons hannerun sech haten, gewuer gi si wéi dat sech géif ofspillen, hun ech gesot, dat maachen ech nët, an den Don's Will war ménger Menong.

A Gruppe vun 10 Jonge si mer am Stadhaus opgeruff gin, fir an de grousse Sall ze kommen, dee festlech décoréiert war mat engem iwwergrousse Führer- bild, Hakekräizfändelen an enger Dose Gielemänner mat Fändelen a Standarten. Mir hun eis an enger riichter Rei missen opstellen an dono huet den Amtsbürgermeister Dr. Kohn Werbung gemaach fir Fräiwëlleger an d'Waffen SS.

Wéi en domat kee Succès hat as e viru gefuer, datt mer awer bestëmmt stolz wiren, fir elo geschwënn "d'Ehrenkleid der deutschen Nation" ze droen, an hie géif hoffen, datt mir dat ze "würdigen" wissten. Datt mir eis "Pflicht als deutsche Staatsbürger" géiwen erfëllen, solle mir him duerch Handschlag verspriechen. Ech stung zoufälleg um Kapp vun der Rei an en huet bei mir ugefaangen. Wéi ech méng Hänn op de Réck geholl hun, as en ouni e Wuert ze soe bei den Zwete gaangen, deen em d'Hand gin huet, an déi aner 8 och. D'Kollege konnten "abtreten", a mech huet en an e Büro geschuppst, wou 3 Gielemänner souzen a sot: "Bringen sie diesem Burschen Anstand bei, er hat mir den Handschlag verweigert, und dann soll der Vater sofort hierher, um sich für seinen ungeratenen Sohn zu entschuldigen". Déi dräi sin iwwer mech hirgefall an hun duer gemaach bis d'Blutt mer aus der Nues, dem Mond an den Ouere gelaf as a mech dono op d'Strooss gehäit.

Ech hat mer jhust d'Blutt aus dem Gesiicht gewäsch, wéi deer Gieler een op der Dir stung an der Mamm op preisesch gesot huet, de Papp misst direkt bei den Här Amtsbürgermeister kommen. D'Mamm huet em op lëtzebuergesch geäntwert, datt de Papp fort wir Gromperen eraushuelen an nët virum Owend erëm kéim, a wann een sech ze entschëllegen hätt, da wir et den Här Amtsbürgermeister, dee mech esou zerschloe gelooss hätt. Rout am Gesiicht huet de Gielen sech op de Velo gesat an nach geruff: "Das werden sie noch büssen, Frau". Eng Stonn méi spéit as den Don's Will bei mech komm fir ze froe wéi et mir ergaang wir; mir hun eis nëmme brauchen ze kucken, do wosste mer Bescheed.

Deen aneren Dag owends huet de Papp mech op d'Säit geholl a mer gesot, datt den Ortsgruppenleiter Stoffel hien um 3 Auer erwaart hätt wéi e vum Schaffe komm wir. Am Numm vum Amtsbürgermeister huet e mer matgedeelt, datt si ës genuch mat eis hätten. Ech hätt et nët fir noutwendeg fond fir mech entschëllegen ze kommen, mir wiren eng ganz däitschfeindlech Famill, ech wir nach ëmmer nët an der VDB, kee vun de Kanner wir an der Hitlerjugend oder der BDM, et wir och scho festgestallt gin, datt bei eis friem Gestalte géiwen zirkuléieren. Aus all dene Grënn wire mir hei un der Grenz nët méi tragbar an dofir hätt den Här Amtsbürgermeister eis Famill uewen op d'Lëscht gesat fir ëmgesidelt ze gin. Ech hun och scho mat der Mamm geschwat, a mir sin eis doran eneg, ***mir wëlle kee vun eise Jongen an enger preisescher Wehrmachtsuniform gesin***, wann der scho musst an de Krich, dann awer op der richteger Säit. Ech hun dir dat elo kloer an däitlech gesot, an ech soen dem Ady dat selwecht esou bal hien aus dem Arbeitsdienst erëm as.

Eng Woch méi spéit as den Ady erëm komm, an zur gläicher Zäit hun ech de Stellungsbefehl fir an den Arbeitsdienst kritt an dat fir de 5. Oktober. Zu deer Zäit as geschwat gin, datt, wann ee bis zu Bréissel wir, eis Regéierong an England alles organiséiert hätt, fir d'Jongen an England ze huelen, an do huet de Papp décidéiert ech soll och nët méi an den Arbeitsdienst goen. Den 2.Oktober mueres huet de Papp gesot: "Lucien, et gët elo Zäit fir dech, den Owend féiert den Ady dech iwwer, an da fiirs de bei de Wirol's Josy op Bréissel!"

Den Ady huet mech duurch de Bësch op Athus gefouert an eis belsch Resistenzkollegen hun sech ménger ugeholl. Beim Coiffeur Felten Dedé hun ech d'Nuecht verbruecht a mueres um halwer sechs huet de Michel Marcel mech op Arel gefouert, well vun Athus fort ze fueren, soten si, wir et ze vill geféierlech. Hien huet mäi Billjee nach geholl an de Chef-train informéiert, deen huet mer gesot, wat fir eng Voiture a Coupé ech soll huelen. Déi Zäit sin an den Zich fir op Bréissel wéint de Lëtzebuerger, Kontrolle vun der Gestapo gemaach gin; schon no enger halwer Stonn as de Chef-train an de Coupé komm an huet mech mat eraus an de Gank geholl, ënner dem Virwand mäi Billjee wir nët an der Rei. En huet ënner séng Jacket gegraff a mir eng Eisebunnerkap opgedoen, an zesumme si mer laanscht d'Gestapo gaangen, déi an engem Coupé mat der Passkontroll beschäftegt waren, dono sin ech erëm a mäi Coupé zréckgaangen. Zu Bréissel huet e mech mat duerch de Personalausgang aus der Gare geholl. Do konnt ee schon den Hutt ofdoen an Merci soen.

De Wee bis an d'Pensioun Brotelle, dem Josy séng Mamm hat mer d'Adress gin, war nëmmen e puer honnert Meter vun der Gare de Luxembourg wech, an ech hun se gutt fond. Wéi ech beim Concierge no dem Josy gefrot hun, huet dee mer direkt de Schlëssel vuséngem Zëmmer an de Grapp gedréckt a gesot ech soll do op hie waarde bis en owends vum Schaffe kéim, heinidde wir dat ze vill geféierlech. De Josy war verwonnert a frou wéi e mech gesin huet, awer nët méi wéi ech him verzielt hun, fir wat ech kéim. "Wéi kann ee nëmmen esou en onverantwortlecht Geschwätz an Emlaf bréngen", sot hien, hei zu Bréissel as doriwwer näischt bekannt, an et as jo och vill méi einfach "vu London iwwer de Radio ze soen "Lëtzebuerger, halt en de Bass", wéi eppes ze organiséieren".

Dono huet hie mer verzielt wéi d'Situatioun zu Bréissel war: "Hei kanns de nët existéieren, wanns de keng gutt Bekannter hues, déi der hëllefen oder vill Geld mat bréngs, well du muss vum schwaarze Maart liewen. Mäi fréiere Patron Urbain, wou ech Pâtissier geléiert hat, huet mer eng Aarbecht bei Bekannter an enger Gäertnerei verschaaft an domat kommen ech iwwer d'Ronnen. Ech soll bei him och en Zëmmer op der Mansard kréien, do kënnt een och nach eventuell zu zwéi sin, an et wir och nët esou geféierlech wéi hei, well d'Gestapo as ganz activ a mécht Razzien an den Hotellen a Pensiounen". Well ech jo mat der Intentioun op Bréissel gaang war, fir weider an England ze kommen an dat awer nët ze realiséiere war, den Ady awer schon de Stellungsbefehl fir den 18te kritt hat, hun ech mech décidéiert him hei Plaz ze maachen an erëm heem ze fueren.

Mueres sin ech mat dem éischten Zuch bis op Athus gefuer a well ech näischt méi ze verléieren hat, nët duurch de Bësch, mä direkt bei de Grenzposte gaang an zu deem gesot, ech misst muer an den Arbeitsdienst goen an hätt nach gär ménger Frëndin zu Athus awuar gesot. Nodeem en op d'Gemeng telephonéiert hat, sot en, ech soll mech ewech maachen. Doheem hun se grouss gekuckt, wéi ech erëm do war, mä nodeem ech alles verzielt hat, huet de Papp gesot, hien hätt sech eppes Besseres erwaart, mä da waars du jo awer nët ëmsoss an den Ady kann sech dono riichten.

# *Am "Arbeitsdienst"*

Den aneren Dag mueres as e laangen Zuch vun der Hollerecher Gare an d'Preisescht gefuer, an et waren e puer honnert Lëtzebuerger Jongen dran; mir wossten nët wouhin d'Rees géif goen a mir war et och egal, ech wosst, datt mir e Rad an dem Hitler sénger Krichmaschinerie gi waren. Zu Stolp a Pommern war d'Rees no annerhalwem Dag um Enn a mat Camionen si mer viru gefuer op Wusseken, nët ganz wäit vum Mier wech. An eisem Lager ware mir zu 72 Lëtzebuerger a grad esou vill Preisen. Well d'Preisen am Duerschnëtt méi jonk a méi kleng waren, haten déi grouss Lëtzebuerger d'Chance fir an hirer "Stube" ënner sech ze sin, ech war och dobäi. Gläich si mer agekleet an eis Zivilkleder a Säck verpaakt gin, dono si mer gewise gin, fir Better ze bauen an no enger Kabeszopp konnte mer schlofe goen.

Den aneren Dag um 6 Auer war "Wecken"an dono "Frühsport", dat war Lafe bis zum Emfalen, mä no zwou Wochen as et scho vill besser gaangen. De ganze Muerge war Drill an Exerzéiere mat dem Spuet, nomëttes praktescht Schaffe mat Schëpp a Spuet "Schub-Hub-Wurf"; duerno N.S. Erzéiung. Am halwen November si mer mat e puer Camionen op Zoppot bei Danzig gefuer Gewirer an aner Waffen sichen. Ech hat erëm eng Kéier d'Häerz déck wéi ech déi aarm polnesch Leit do gesin hun, déi sech an al Grompersäck agewéckelt haten, fir nët ze erkalen. Dono huet d'Gewir de Spuet beim Exerzéieren ersat an den Drill as och méi haart, souguer schikanös,gin,déi kleng an déi gradéiert Ausbilder hun sech dran iwwertraff, fir eis an de Bulli ze schécken an och nach dra krauchen ze loossen. Op d'Lëtzebuerger haten se et apaart sëtzen, wann mol ee "schlapp" gemaach hat oder och richteg krank war, dann as e fir d'éischt nach zur Strof zum "Latrinenputzen" ofkommandéiert gin. Wéi mer dann och nach schaarf schéisse geléiert gi sin a Gewaltmärsch vu 50 Kilometer hu misse maachen, do wosste mer, datt mer éierewou an den Asaz kéimen.

De 16. Dezember 1942 si mer zu Stolp a Véiwaggonen ageluede gin, mä wou et géif hi goen, dat wosste mer nët a mer hu gefaart mir kéimen a Russland. Et war duurchgesickert, datt déi grouss preisesch Summeroffensiv bei Stalingrad nët nëmme gestoppt, mä souguer eng ganz Arméi agekesselt gi war, dofir ware mer frou wéi no Warschau eis Rees no Süden iwwer Prag, Budapest, Belgrad, Scolpje, op Saloniki gaangen as, wou mer ausgeluede gi sin. Ech war bei der Virausabteilung, déi mat Camionen an östlecher Richtung an d'Bierger gefuer as, d'Strooss as ëmmer méi schlecht gin an heiandsdo hu mer Camionë mat engem décke Seel zu 50 Mann misse virun zéien. Zu Vrasna, engem klenge verloossenen Dierfchen, wou den Iesel dat eenzegt Transport- mëttel war an hallefwëll kleng Schwäin a Geesse fräi gelaf sin, war Endstatioun.

Et war Stiewesdag, den 26. Dezember, wéi mer eis an der Schoul, déi d'Preise requisitionnéiert haten, aquartéiert hun, dobausse ware Minustemperaturen a Schnéi gefall.

E puer Nuechten hu mer um haarde Buedem misse schlofe bis mer e Camion Stréi kruten fir eise Leër ze verbesseren, gewäsch hu mer eis am Bur vun enger Quell, a fir eis Nout si mer hanner d'Heck gaangen. Dono as vu Saloniki Material fir e Brakelager erbäi gefouert gin, wat mer no an no opgeriicht hu mat Better, Wäschbrak an "Donnerbalken".

Géint den halwe Januar hu mer Post kritt, déi vu Wusseken nogeschéckt gi war. Ëréischt do sin ech gewuer gin, datt méng Famill de 24. November op Leubus a Schlesien ëmgesidelt gi war. E puer Deg méi spéit huet de Feldmeister als zwete Chef vun der Abteilung versicht mech iwwer d'Ursaache vun der Emsiidlung auszefroen. Schon un de Froen hun ech fest- gestallt, datt e voll a ganz iwwer mech a méng Famill informéiert war, e Steckbréif hat also schon de Wee bis a Griichenland fond. Den Dag dono sollt ech an enger Kolonn vun e puer Camionë mat op Saloniki Material siche goen. Ennerwee hun se mech op enger Kräizung erausgesat, ech sollt denen aneren de Wee weisen. Ech stung oder souz de ganzen Dag do, et as Nuet a mir onheemlech gin, bis e Camion vun der Wehrmacht komm as, an ech gesot krut, ech soll era klammen. Iwwert eng Säitestrooss si mer gefuer bis an den Haff vun engem antike Gemaier, ech krut eng Zell mat Bett an en eleren Zaldot huet mer z'iesse bruecht. Mueres as en erëm komm an huet mech gefrot, ob ech wëllt e Bad huelen an huet mech an e phantastesche Raum mat grousse Marmorbidde gefouert. Iwwerdeem d'waarmt Waasser an d'Bidde gelaf as, huet e mech gefrot, wat ech verbrach hätt. Fir wat, hun ech geäntwert, mä well déng Abteilung dech als "Köder" fir d'Partisane bruecht hat, well d'Wehrmacht kee wéint "grober Straftat Verurteilten" gehat hätt. Dofir hätten si iwwer Feldtelefon och beim Arbeitsdienst nogefrot an déi hätte mech op d'Plaz bruecht, wou virun e puer Deg 4 héich Offizéier vun de Partisanen erschoss gi wiren. D'Schuddere si mer de Réck erof gelaf wéi ech mer virgestallt hun a wat fer enger Gefor ech war an zu wat déi Despote fäeg waren ze maache mat Leit déi opgemuckst hun. Dat huet mer e puer Deg nogehalen a sonndes nomëttes hun ech mech an dem klenge Bistrot vum Duerf mat staarkem griichesche Wäin voll lafe gelooss an dobäi sin ech mat graffe Wierder iwwer d'Preisen hirgefall.

Méng Komerode vun der Stuff, déi Komplikatioune gefaart hun, hu mech bei de Wäschbur geschleeft a mer de Kapp sou lang ënner d'Waasser gehal, bis ech de Mond nët méi opgedoen hun, an duerno schlofe geluegt.

Enn Januar 1943 war eist Lager fäerdeg opgebaut a mir sin den Zweck vun eisem Asaz a Griichenland gewuer gin. An der Géigend, wou d'Englänner 1917 gelant waren, fir Saloniki vum Réck eraus ze erueweren, hu mir misse Grief auswerfen fir Befestigungen ze bauen.

Dat war eng schwéier Aarbecht an doduerch ware mer ëmmer hongreg, well d'Kabeszopp war hei nach méi wässereg wei zu Wusseken a fir all Stéck Geessefleesch, wat mer dra fond hun, ware mer frou. Am halwe Februar hun ech e Bréif vu ménger Famill kritt, an do sin ech gewuer gin, datt si den 21. Januar vu Leubus op Boberstein bei Hirschberg geplënnert gi sin.


Och vu Péiténg hun ech Bréifer an 100 gr Feldpostpäckercher kritt, am beschte waren déi mat Ham dran. Mir haten eis un dat Liewe gewinnt, d'Fréijoërssonn huet scho gutt gedoen, wéi mer gewuer gi sin, datt mir geschwë géiwen ofgeléist gin a mat deem Zuch, mat dém déi Nei kéimen, mir géiwen zréckfueren.

De 7. Abrëll ware mer op der Heemrees an de 15. hu mer zu Stolp eis Zivil- kleder erëm kritt. Fir mech als eenzege war och e Bréif derbäi vum "Wehrbezirkskommando Luxemburg" mat dem Stellungsbefehl fir an d'Wehrmacht, bis de 5. Mee misst ech mech zu Rostock bei der motoriséierter schwéirer Artillerie, Bau 4, melden. Se ware prësséiert, fir mech erëm ënnert hir Kontroll ze kréien an och nach ze isoléieren, eleng ënnert de Preisen. Ech hu mäin Zuchbilljee ewéi méng Komeroden, op Lëtzebuerg ausstelle gelooss, mä zu Berlin hun ech hinnen äddi gesot a sin op méng Käschte Richtung Schlesien op Boberstein gefuer.


## *An der Emsiidlung zu Boberstein*

D'Freed war grouss wéi ech esou onerwaart bei ménger Famill opgedaucht sin an ech hun och den éischten Dag näischt vum Stellungsbefehl gesot. Mir haten eis vill ze verzielen an ech si gewuer gin, datt den Ady schon eng Woch no mir duerch de Bësch op Athus gaange war, fir op Bréissel ze fueren; fir d'Spur ze vertuschen as de Roger den 18. Oktober zu Hollerech an der Gare mat dem Ady sénge Pabeieren duerch d'Kontroll vun der Feldgendarmerie gaangen, fir hien enregistréieren ze loossen an dono huet en sech hannert de Waggonë verfuusst.

Um Dag vun der Emsiidlung, de 24. November, war de Papp jhust fort schaffe wéi et un der Dir geschellt huet an d'Mamm vun 2 Gestapoë gesot krut, si géiwen emgesidelt an se hätten zwou Stonnen Zäit, fir ze paken, dono sin se op Belval gefuer de Papp sichen. Bant deer Zäit huet d'Mamm mat dem Roger, dem Josy an de Medercher schon ugefaangen ze paken, Scoutsrucksäck si vollgetässelt gin, awer och vill a Kappziche mat Ficelle ronderëm, well d'Wallisse ware rar bei eis. De Papp hat nach eng haart Diskussioun mat der Gestapo, well hien se gefrot hat ewéi si un dat Recht kéimen, eis Famill ze zwéngen hiirt Haus ze verloossen. Wéi se dann och nach den Akt vum Haus verlangt hun, an hie misst eng Vollmacht fir "d'Deutsche Umsiedlungs Treuhand Gesellschaft" ënnerschreiwen, as hien esou béis gin, datt d'Preisen zréckgaange sin a gesot hun: "gut, dann eben nicht". Mat hiren Habséilegketen sin se an en Autobus geluede gin, op der Cap as nach d'Famill Bourg an zu Mamer d'Famill Wilhelm derbäi komm, dono as et virun op d'Hollerecher Gare gaangen, wou se mat nach aneren Emsiidler eng Voiture voll gemaach hun. Deen Dag dono ware vu Péiténg d'Familjen Don a Calmus un der Rei.




**Umsiidlungslager Boberstein**



Souvenir un d'Emsiidlung (1942-45)

Bläistëft Zeechnong. J. Reisch



**Eis Famill - Sonndes no der Mass**
**Zu Boberstein am Haff**

No enger Rees vun engem Dag an enger Nuecht sin si zu Leubus a Schlesien ukomm, wou schon e puer honnert Lëtzebuerger waren a versicht hun hinnen den Ufank ze erliichteren. D'Klouschter vu Leubus war e grousst, antikt a schéint Gebai mat grousse Säll, wou zweestäckeg Better opgestallt waren. Et hätt sech hei liewe gelooss, wann de Klima besser, an et nët och nach Wanter gewiescht wir; bis d'Lager den 21. Januar opgeléist gin as, waren hei 9 Lëtzebuerger gestuerwen.

D'Lager Boberstein war nët schéin an och guer nët propper, an si hate vill Aarbecht, fir de Wanzen, Fléi an Kakalacke lass ze gin, a fir engegermoossen hygienesch Zoustänn ze schafen.

Dono huet jidfereen iwwer 13 Joër eng Aarbecht zougedeelt kritt, de Papp war an enger Pabeierfabrik, d'Mamm an enger Bitzstuff, de Roger bei der Elektrofirma Schmit zu Hirschberg, an de Josy Laufbursch an der Lager-verwaltung. Fir d'Kanner, dorënner och d'Maisy an d'Alice, hate verschidde Lëtzebuerger mat primitive Mëttelen eng Schoul no Lëtzebuerger Modell organiséiert. D'Iesse war nët bedeitend, mä nodeem Lëtzebuerger Fraen, déi an der Kichen hu misse schaffen, d'Regie iwwerholl haten, war et besser gin a wéinegstens propper.

Wéi ech deen aneren Dag gesot hun, datt ech de Stellungsbefehl scho kritt hätt, ware mer erëm alleguer gedréckt an de Papp huet mer d'Situatioun vun de wehrpflichtege Jongen am Lager explizéiert. D'Musterung sollt de 7. Abrëll sin, mä eng Woch virdrun haten e puer Lëtzebuerger Juristen aus dem Lager e Schreiwes un den zoustännege Generol vun Hirschberg preparéiert, an deem si drop higewisen haten, datt no dem "Reichswehrgesetz vun 1935" "d'Reichszugehörigkeit" eng Viraussetzung fir d'Wehrpflicht wir, d'Lëtze- buerger awer duerch d'Emsiidlung d'Reichzugehörigkeit verluer hätten, an domat d'Anzéien vun den ëmgesidelte Jonge gesetzwidreg wir. Zwéi vun dene Jongen, déi gemustert sollte gin, haten dem Generol dat Schreiwes gedroen, a wat kee fir méiglech gehalen hat, d'Musterung war provisoresch ausgesat gin.

Dono sot de Papp: "Fir dech as et dat sécherst, wanns du op Bréissel bei den Ady gees, dee Wee kenns du jo, an da versichs du op déi richteg Säit ze kommen".

Den aneren Dag scho war ech ënnerwee, fir iwwer Berlin mat dem Billjee aus dem Arbeitsdienst op Lëtzebuerg ze fueren. Zu Péiténg an um Wee fir op Athus hun ech misse laanscht eist Haus goen, wou elo e Preiss dra gewunnt huet, an do sin Tréine vu Roserei mer an d'Ae komm. Ech hu mech a gedréckter Stëmmung an de Korwisen an de Rambeli vun der Eisebunn gesat, fir ze waarde bis et sollt däischter gin; an do hat ech ebämol en ongutt Gefill. Ech sin zréck gaangen bei Wirol's, fir ze froen, ob si wissten wéi et zu Bréissel wir. Enner Kräischen huet dem Josy séng Mamm mer verzielt, datt d'Gestapo hien am Januar bei Urbain's verhaft hätt, an hien elo zu Hinzert wir, den Ady wir deemools awer fortkomm. Well ech jo keen Heem méi hat, huet si gesot, ech soll bei hinne schlofen.

Déi schlecht Noriichte ware schwéier ze verdauen, an ech hu schlecht geschlof, mäi Plang war komplett duerchernee geroden, Bréissel as nët méi a Fro komm, a fir a Frankräich war ech nët preparéiert. Mä ewéi ech muergens opgestane sin hat ech mech décidéiert, zréck op Boberstein ze fueren an de Laascht kommen ze loossen. Well ech vu Kleder nëmmen dat hat, wat ech um Läif gedroen hun, hun ech versicht fir ouni Bezugschein dat Néidegst ze fannen. Den Adam's Julien huet mer e Paltong an zwou Boxen op méng Mooss geännert a bei Krier's sin ech zu e puer Hiemer an Ennerwäsch komm. Et wor zu Péiténg séier bekannt, datt ech do wir, eis Bekannten an och aner Leit hu Päck bruecht fir matzehuelen. Wirol's hu mer zwou al Wallisse vum Späicher geholl an no zwéin Deg war ech schwéier gelueden op der Réckrees op Boberstein.

Meng Famill war verwonnert wéi ech erëm do war a war frou a glécklech iwwer déi vill a gutt Saachen, déi ech vu Péiténg matbruecht hat, mä wéi ech alles verzielt hat, hu mer eis zesumme Suergen iwwer den Ady gemaach, an de Papp war och nach skeptesch, wat méng Affär vum Stellungsbefehl ugong. Dofir hun ech schon den aneren Dag mäi Stellungsbefehl op Lëtzebuerg zréck geschéckt mat engem Begleetbréif derbäi, an deem ech déi selwecht Argumenter opgefouert hun ewéi an dem Schreiwes vun de Juristen un de Generol vun Hirschberg, an zum Schluss, ech wir der Opfassung datt, wann ee keng Rechter hätt, dann hätt een och keng Pflichten.

Dono hun ech mech an der Lagerleitung gemellt, wéi wann ech elo eréischt aus dem Arbeitsdienst kéim. Méindes den 2. Mee hun ech zu Schmiedeberg an enger Porzeläinsfabrik als Kueleschëppert missen ufänken.

# *Am Prisong zu Hirschberg*

Dënschtes, de 25. Mee géint 9 Auer, sin der Zwéin an donkle Liedermäntel an d'Fabrik komm an hun no mir gefrot, et war d'Gestapo, se hu gesot ech soll mech wäschen an da matkommen, well ech wir verhaft. An engem Kübelwagen si mer fortgefuer an op méng Fro fir wat ech verhaft wir, hun se kuurz geäntwert, dat géif hire Chef mer soen. Se hu mech op Hirschberg an de Prisong gefouert, do hun ech mech komplett missen ausdoen a krut blo-wäiss gesträift Häftlingskleder, an eng Zell. Nomëttes sin ech an en Unter- suchungsraum gefouert gin, wou ausser denen Zwéi vu mueres en Drëtten an der Mëtt souz, deen och d'Wuert gefouert huet. Ech hätt mer erlaabt, sot en, "mein Stellungsbefehl" op Lëtzebuerg zréckzeschécken, dat wir eng Verweigerung vun engem militäresche Befehl a well Däitschland am Krich wir, géif dat mat der Doudesstrof "geahndet" gin. Ech hun em geäntwert, datt ech an engem Begleitbréif explizéiert hätt fir wat datt ech de Stellungsbe- befehl zréckgeschéckt hätt, an datt de Wehrbezirkskommando Hirschberg déi opgeféiert Grënn als richteg unerkannt an dofir d'Jongen aus den Em- siidlerfamiljen nët gemustert hätt.

Dovu wosst de Gestapochef näischt an huet gesot, hie géif sech zu Lëtzebuerg an och hei zu Hirschberg informéieren. An den Deg dono hun ech d'Prisongsliewe kenne geléiert; hei ware lauter Krimineller, ech war den eenzege politeschen Häftling an dofir huet och d'Gestapo sech ëm mech gekëmmert.

Freides nomëttes sin ech erëm an den Untersuchungsraum gefouert gin, wou déi Dräi mech erwaart hun. Si hätten en "ausführlichen Bericht von der Gauleitung Luxemburg" kritt, sot de Chef, an do sting dran, datt d'Lëtzebuerger frou sollte sin, datt de "Gauleiter Gustav Simon vom Gau Moselland" sech eiser ugeholl hätt, wéi eis Grossherzogin mat der Regéirong sech feig an d'Ausland geflücht an d'Vollek sech selwer iwwerlooss hätt. Däitschland hätt dono nët nëmmen d'Verwaltung iwwerholl, mä och dofir gesuergt, datt d'Liewe geregelt viru gaange wir, an dofir hätten si och d'Recht, fir ze verlaangen, datt d'Lëtzebuerger sech um Kampf géint "Feinden" vun Däitschland géiwe bedelegen.

Wat eis Famill ubelaangt, sou hätt hie matgedeelt kritt, datt mir déi däitschfeindlechst aus der ganzer Géigend gewiescht wiren an dat "vom Vater über die Mutter bis zur kleinsten Tochter"; och mäi Brudder wir e Wehr- dienstverweigerer an e wir bant der Fahrt an d'Ausbildungskasären ver- schwonnen, mä si hätten e laangen Aarm an dofir wir et hinne méiglech gewiescht hien zu Bréissel ze verhaften.

Zur Zäit sting hie virum Kriegsgericht an de Staatsanwalt hätt wéint sénge Vergehen d'Doudesstrof "beantragt". Mäi Stellungsbefehl wir rechtméisseg zu Lëtzebuerg ausgestallt gin a misst befollegt gin. Si hätte vu Lëtzebuerg den Optrag kritt mech mat alle Mëttelen dozou ze zwéngen, si géiwe mir Bedenkzäit gi bis e Méindeg, dann hätten si gäre méng Äntwert.

A ménger Zell op der haarder Brëtsch hat ech dono gutt Zäit, fir iwwer dat Ganzt no ze denken; wéi déi Preisen alles konnte verdréinen a sech trotz enger despotescher Willkür an eisem Land sech nach de Mäntelche vun Uerdnong a Recht ëmhänken. Ech hu gebaangt ëm den Ady, an ech wosst, datt méng Situatioun nët besser wir.

Méindes mueres um 9 Auer as méng Zell opgespaart gin an déi zwéi Gestapoë waren an der Dir mat engem Pak ënnert dem Aarm. Si hu mir eng Wehrmachts- uniform gereecht a soten dat wir méng Gréisst, an dann as de Kommando komm, "Ausziehen, Klamotten runter, an dono, Uniform anziehen". Wéi ech d'Uniform nët ugedoen hu, sin et dër gin, vu lénks a vu riets; et ware Leit vum Fach an se wosste wuer se missten schloen, fir engem wéi ze doen, an op de plakeche Kierper war dat nach méi schlëmm, apaart d'Trëtt mat de Stiwwelen an den Ennerläif, wat se "in den Sack treten", genannt hun. "So das wärs für heute und wenn du morgen nicht spurst, dann gibts das Doppelte", soten se iërt se fortgaange sin. Vu baussen as nach d'Fënster verdonkelt gin an als Iessen as et nëmme méi Waasser a Brout gin.

Esou as dat viru gaangen, Dag fir Dag, a freides war hire Chef och erëm derbäi. "Ech wollt emol kucke kommen a froen ewéi et der geet", sot hien wéi en era komm as, "esou Saachen wéi déi hei gi jo heiandsdo nët gutt aus, an dofir géif ech der roden de Widerstand opzegin, well du hues keng Chance. Lëtzebuerg hätt och schon no mer gefrot a gesot, se géiwen sech freë mech am Wehrmachstkleed ze empfänken". Ech hun em geäntwert, datt de Gauleiter an enger Ried Enn Oktober 1941 gesot hätt, datt Däitschland nët op d'Lëtzebuerger ugewise wir, fir de Krich ze gewannen, an ech kënnt nët verstoen, datt se elo mat alle Mëttele mech an d'Wehrmacht wëllten zwéngen, se hätte besser esou Zaldoten nët un d'Front ze schécken, well se wisste jo nët a wat fir eng Richtung déi géiwe schéissen. Do as e rout am Gesiicht gi vu Roserei an huet zu sénge Schléier gesot: "Weiter machen"!

Duerch déi dagdéiglech brutal Behandlung hat ech de Kierper wéi gebrach a war physech a moralesch an e schlëmmen Zoustand geroden. Ech hat näischt anescht ze dun ewéi nozedenken an ze waarden op den aner Dag, fir gepéngegt a geschloen ze gin. Ech hun dem Herrgott de Virworf gemaach, datt hien dem Mënsch, deen d'Kréinung vun sénger Schöpfung sollt sin, ze vill Boussegkeet a Brutalitéit an d'Wéi geluegt hätt, well Schlëmmes hat dem Hitler säin Nazidäitschland verbrach. E Krich, dee bis elo Millioune Mënschen d'Liewen kascht hat, Ausrottung vun de Judden, Massaker un de Polen an de Russen, an all dene Leit, déi sech géint hie gestallt hun.

Och bei eis am Land, Quälereie vun all dene Leit déi nët preisescher Menong waren, Versetzungen an Däitschland an d'Verschlefen an d'Prisongen a Kazetter, Executioun duerch Erschéissen oder Käppe vun Resistenzler, dorënner als éischt eis Chefe vun der LFK, de Massaker vun 21 brave Lëtzebuerger no dem Streik, den zwangsweisen Oftransport an d'Wehrmacht vu bis elo wéinegstens 5000 Jongen, d'Emsiidlung vu ganze Familjen, dorënner och mir.

Ech hun un dem Papp séng Wierder geduecht, datt hie kee vu sénge Jongen an enger Wehrmachtsuniform wëllt gesin; ech war iwwerzeegt, datt den Ady keng géif undoen, an ech hat mer geschwuer ech och nët, an dat egal wat kéim. Dat waren d'Gedanken, déi mer ëmmer erëm duerch de Kapp gaange sin, wéi ech, ouni Dag an Nuecht ze ënnerscheden, op der Brëtsch geleën hun.

Déi schro Deg si virugaangen an den nächste Freideg war de Chef vun der Gestapo och erëm derbäi. Wéi ech mech dann elo décidéiert hätt wollt hie wëssen, ech hätt séng Leit scho vill ze vill Zäit kascht, an hien hätt wëlles déi Saach op en Enn ze bréngen. Méng Äntwert war wéi ëmmer: Neen. Da bleift nëmmen nach Gross-Rosen, sot en, an do sin se séier fäerdeg mat der, do gës du erschoss. Dat kënnt hien och direkt hei maachen, hun ech em geäntwert. Do huet en de Revolver gezun, as hannert mech getrueden an ech hu geduecht e géif mech an d'Genéck schéissen, mä en huet de Revolver ëmgedréint an hannen op de Kapp geschloen. Duerch de Schlag war ech eng kuurz Zäit vu mer a sin zesumme gaang, wéi do awer ee mech mat dem Stiwwel an de Bauch getrëppelt huet sin ech erëm zou mer komm, mä roueg leie bliwen, fir dër nët nach ze erwëschen.

Dobäi konnt ech nolauschteren, wat se geschwat hun, "Warum haben Sie nicht geschossen", huet ee vun denen zwéin hire Chef gefrot."Das darf ich nicht" sot en, "wir hatten nur den Auftrag diesen Burschen weichzuklopfen, denn es steht mehr auf dem Spiel, der Gauleiter von Luxemburg hat über Berlin dem General des Wehrbezirkskommandos Hirschberg eine Rüge erteilen lassen, unüberlegt eine Hundertschaft wehrpflichtiger Luxemburger der besten Jahrgänge, die sich hier in den Umsiedlungslager befinden, freigestellt zu haben. Weil dieser Bursche hier aber seinen Stellungsbefehl noch von Luxemburg erhalten hatte, wurden wir beauftragt ihn fertig zu machen und zur Wehrmacht zu zwingen, dadurch hätte nach Meinung von Luxemburg der General seine Entscheidung überprüfen müssen. Mir scheint das Ganze ein Kampf zwischen dem Gauleiter von Luxemburg, der seine Machtbefugnisse über die Umsiedler nicht abgeben will, und dem General zu sein. Wir sind einstweilen fertig hier, ich werde meinen Bericht an die Staatsanwaltschaft erstellen, und die können dann entscheiden, ob er zurück nach Luxemburg oder nach Gross-Rosen kommt".

Samsdegs mueres hun ech gemierkt, datt se d'Verdonklung vu ménger Fënster wechgezun haten, souguer de Prisongssanitäter as komm, fir méng Blesse mat Jod ze pinselen, an huet fond, datt se mech schéin zougeriicht hätten. Dono sin ech erëm als normalen Häftling behandelt gin, d'Sonderbehandlung war eriwwer.

Méindes mueres hun ech trotz méngem schlechten Zoustand misse mat engem Arbeitskommando op de Güterbahnhof vun Hirschberg marschéieren, fir do Kuelen, Briketten an Holz auszelueden. Wou mir geschafft hu waren hannert enger Palissad vun Eisebunnsschwellen an enger schmueler Strooss e puer Haiser. Aus enger Fënster um éischte Stack huet e klengt Meedchen eis nogekuckt, an ech hun héieren wéi et ebämol geruff huet: "Mutti, komm schau mal, der blonde Junge da, der sieht aber nicht wie ein Verbrecher aus, und er ist so bleich im Gesicht". Eng Véirelstonn méi spéit war et op der Strooss hannert der Palissad an 'thuet mer gewénkt. Ech sin onopfälleg dohënner gaangen an do huet dat Klengt gesot: "Mutti möchte wissen warum du hier bist"; ech hun him geäntwert ech wir e "Wehrdienstverweigerer aus Luxemburg". E bëssche méi spéit war et erëm do mat enger Schmier: "Ein Butterbrot von Mutti", sot et. Et as nët bei engem Butterbrot bliwwen an dobäi huet d'Kand mer verzielt, datt säi Pappi a Russland gefall war, si wiren elo ëmmer eleng, d'Mutti géif vill kräischen an nëmmen nach vun dem Führer séngem "Wahnsinnskrieg" schwätzen. Dat war e Fall ënner villen aus dem däitsche Vollek, déi et schwéier getraff hat an déi bestëmmt nët méi géiwen "Heil Hitler" ruffen; ech konnt hinnen nët hëllefen an nëmme Merci soen, fir dat wat se mir Guddes gedoen haten.

14 Deg hat ech am Arbeitskommando geschafft, wéi ech méindes owends no der Aarbecht an de Büro vum Prisongsdirekter gefouert gi sin. Ech hat mech schon op eppes Schlëmmes gefaasst gemaach, mä en huet mech nëmme gefrot, ob ech als Elektriker, sou wéi et a ménger Akte géif stoen, och selbstänneg kënnt schaffen.

Samsdegs mueres, wéi den Arbeitskommando sollt ausrécken, sin ech a méng Zell zréckgefouert gin an zwou Stonnen dono an de Büro vum Direkter, dee mer matgedeelt huet, ech géif haut entlooss gin.

Ech kéim ënnert d'Obhut vum Elektromeister Schmidt, dee verantwortlech fir mech wir a mech an d'Hirschberger Optische Werke géif ofstellen, wou ech e Méindeg de Mueren um halwer 8 misst ufänken. En huet mer en Dienstverpflichtungsvertrag virgeluegt, deen ech hu missen ënnerschreiwen, dono hun ech méng Kleder erëm kritt a konnt op Boberstein fueren.

## *Fir zweet zu Boberstein*

Méng Famill war frou, wéi ech erëm do war, an ech hu misse verzielen. Ech hu mech kuurz gefasst, well ech jo näischt iwwert den Ady konnt soen, soss wir d'Freed schon erëm um Enn gewiescht, an och näischt iwwer de Macht- kampf zwëschen dem Gauleiter Simon an dem Generol vun Hirschberg, wou ech den Objet war. All Emsiidlerfamilje mat wehrpflichtege Jongen, déi gehofft hate mat der Annulatioun vun der Musterung vum 7.Abrëll wir déi Saach ofgeschloss, wiren op en Neis beonrouegt gin, an och well de Roger, Joërgank 1925, elo am wehrpflichtegen Alter war.

Wéi de Roger owends no sénger Aarbecht am Lager bei eis war, huet hie mech e bëssen informéiert iwwert d'Persoun vum Elektromeister Schmidt. Dat war en NSDAP Parteigänger aus der ieweschter Hierarchie an NSKK Chef vun Hirschberg, mat gudde Relatiounen no alle Säiten. A séngem elektro- mechanesche Betrib hu schon eng Dose Lëtzebuerger geschafft, hie war mat hirer Aarbecht ganz zefridden an huet duerch si problemlos säi Geld verdingt, dat war och d'Ursaach fir mech aus dem Prisong ze huelen.

Sonndes, an der Mass zu Schildau, hun ech dem Herrgott Merci gesot, datt hie mech nët ënnergoe gelooss hat an hu gebiet fir den Ady. An denen ergräifende Masse waren d'Lëtzebuerger praktesch ënner sech an hu vill an andächteg gebiet virun enger Muttergottesstatue, déi mir vun doheem kritt haten. Ennert hirem Dirigent, dem Här Buchholz, huet den Emsiidler-kouer d'Mass gesongen an d'Enn vun der Mass as ëmmer a patriotesche Lidder ausgeklongen.

Méindes mueres war ech zur festgesater Zäit an der Fabrik an um 9 Auer hun ech mäin neie Patron kenne geléiert; et war e Mann deem een ofgesin huet, datt en trotz Krich nach gutt gelieft huet, an e wir souguer sympathesch gewiescht, wann ech nët gewosst hätt, datt et en Nazi war.

De Fabriksingenieur as och derbäi komm, an ech hu méng Aarbecht gewise kritt, et war dat eng Rei vu 7 nei Salzbadiewen un eng 20 Meter laang Schalttafel ze kabléieren, déi herno automatesch geregelt sollte fonctionnéieren, fir déi manuell bedingte 7 Iewen dernieft ze ersetzen.

Dofir hun ech e Schema kritt, an se hun mech opmierksam gemaach, datt ech genee dono misst schaffen, si haten déi Zäit schon e grousse Manktem u Fachleit, soss hätten se mech nët un esou eng Aarbecht eru gelooss. Well nach vill vun de Steierungselementer an der Schalttafel gefeelt hun, hun ech mer virgeholl d'Saach an d'Längt ze zéien, d'Haaptsaach war ech hu gewibbelt, wann den Ingenieur kucke komm as. Owends no der Aarbecht war ech frou, fir an d'Lager bei méng Famill ze kommen, mä schon den éischten Owend hat ech eng Surprise bei der Lagerführung wéi ech méng Tickië fir d'Mëttegiessen an der Fabrik ofhuele wollt. Well ech nët mat ausgestrecktem Aarm an Heil Hitler an de Büro komm war, sin ech direkt erëm eraus geflun, hei géif et nëmmen Tickië gi mat "Heil Hitler". Fir Gromper a Mëllech sin ech owends bei e Bauer schaffe gaangen, an déi ganz Zäit an der Fabrik war dat méi Mëttegiessen.

Well an den Zëmmere vum Lager bis zu 30 Leit an zweestäckege Better zesumme gepercht waren, hun se sech owends bei guddem Wieder baussen am Haff getraff, an ech hu gesicht d'Leit kennen ze léieren, apaart déi Jonk. Direkt hannert dem Lager war éng kléng Wirtschaft; déi schon eeler Fra Scholzen war guer nët nazistesch an do konnt een och mol, wa kee Preiss dorëmmer war, den Englänner lauschteren.

Et war vill geschitt an dene vergaangene Méint, wat eis Hoffnung gemaach huet. No der Kapitulatioun vun de Preisen zu Stalingrad am Februar 1943 mat der Perte vun der Arméi vum Generol Paulus, waren d'Russen op der ganzer Front op dem Virmarsch no Westen; dem Generol Rommel séngem Afrikakorps mat den Italiener war et nët besser gaangen, an se haten zu Tunis kapituléiert; d'Amerikaner waren den 10. Juli 1943 op Sizilien gelant; et as also gutt viru gaangen.

Mëtt August krute mer en zensuréierte Bréif vum Ady aus dem Prisong vu Tréier. Mir sollten eis nët beonrouegen, hie wir bei gudder Gesondheet, huet e geschriwwen, de Staatsanwalt hätt wéint sénge "Vergehen" Doudesstrof gefrot gehat, mä d'Geriicht hätt et gutt mat him geméngt an zu nëmme 15 Joër Zuchthaus veruurtelt. Dat war fir méng Famill en neie Schock, mä fir mech eng Erliichterung, well ech jo elo wosst, datt hien nach um Liewe war. Owends hun ech de Papp mat no bausse geholl an him gebeicht, datt ech dovu gewosst hätt an och wéi et mir am Prisong gaange war, an datt d'Gefor fir d'Jongen am Lager nach nët eriwwer war. Dat huet him kéng Rou gelooss, an en huet éng Woch laang nët geschwat, e souz owends ëmmer do mat déiwe Rompelen an der Stir.

De Josy, als Laufbursch, hat och dermat ze dun, Bréif a Päck vun der Post oder der Gare an d'Lagerleitung ze bréngen. Trotz séngen eréischt 14 Joër hat hie mat dem Verstand vun engem Erwuessenen all Situatioun ausgenotzt, fir de Leit ze hëllefen, doduerch, datt e méi déck Bréif mat Liewensmëtteltickien dran, an och Päck ënnerschloen a virun der Zensur duerch d'Lagerführung gerett hat.

Well hien och Zoutrëtt zu Büroen hat, ouni opzefalen, hat hien ëmmer d'Aen op an d'Oure gespëzt, fir alles wat do geschitt a geschwat gin as, an huet déi Informatiounen un de Vermëttler zwëschen de Lëtzebuerger an der Lagerführung, den Här Kasel, weider gin.

Dofir huet de Papp hie gefrot, fir emol ze versichen eraus ze fannen, wou déi Reesauswäispabeiere géiwe leien, déi verschidde Leit schon ausgestallt kruten, wann se de Kreis Hirschberg verlooss hun. Et huet kéng Woch gedauert bis de Josy mat enger Portioun komm as, an en hat souguer de Stempel vum Lagerführer schon drop gemaach, se hun nëmmen nach missen ausgefëllt gin, an dem Lagerführer Korte séng Ennerschrëft no ze maachen, war kee Problem. Dono eréischt as de Papp erëm opgedeet an huet gesot, elo kënnt der iech wéinegstens vun hei wechmaachen, wann et muss sin.

D'Woche si vergaangen, d'Deg no an no méi kuurz an d'Nuechte méi laang gin, mueres an der Däischtert si mer op den Zuch gaangen, fir op Hirschberg op eis Aarbecht ze fueren an owends an der Däischtert erëm an d'Lager zréck komm. Den éischte Schnéi as gefall an och leie bliwwen, d'Keelt huet zougeholl, a mir hun eis mueres e Schal ëm de Kapp gewéckelt, fir bei minus 25° d'Oueren nët ze erkalen. D'Owenter ware laang an als Zäitverdreif hat ech mer technesch Bicher zu Hirschberg kaaft. Well de Josy sech derzou entscheed hat, fir no dem Krich och Elektrotechnik ze léieren, konnte mir elo schon ufänken, an hie war mat Begeeschterung derbäi. Krëschtdag as komm a mir haten zu Schildau an der Kiirch éng wonnerschéi Mass, mä am Lager kee Festmenü, dofir huet awer d'Lagerführung an aner Bonzen eng ganz Woch a "Saus und Braus" gelieft.

Och uganks 1944 war fir eis ausser Keelt an engem schéine wäisse Panorama näischt dran, mä en Trouscht am Leed hate mir trotzdeem, an dat waren d'Meldunge vun de Krichsfronten. Vu Leningrad bis un d'Schwaarzt Mier waren d'Russen an der Offensiv a ganz Süditalien war schon an den Hänn vun den Amerikaner.

An der Fabrik hat ech e Russ als Hëllef fir d'Kabelverleën zougedeelt kritt. Et war dat een aus der Arméi vum Generol Wlassow, deen an der Gefaangenschaft vum Hitler d'Erlaabnes gefrot hat, fir mat séngen Truppe géint de Kommunismus ze kämpfen. Nodeem dat géigesäitegt Mësstraue behuewe war, hu mir eis gutt verstanen, och mat sénge Kollegen, déi alleguer e bëssen däitsch an esouguer franséisch geschwat hun. Si wire Russen a géiwen dat ëmmer bleiwen, hir Feinde wiren d'Preisen, déi hiirt Land iwwerfall hätten, a si géiwen nëmmen drop waarden, fir Revanche ze huelen, sou hun si mir hir Situatioun explizéiert. Zu deer Zäit hat de Roger am Schmidt séngem Atelier engem preisesche Léierjong en 9mm Trommel-revolver vu spuenescher Fabrikatioun ofgehandelt, mä et war kéng Munitioun derbäi, d'Kugele vun der preisescher Maschinnepistoul waren och 9mm, mä ze laang.

Ech soll dat Dénge matbréngen, soten d'Russen, si wire Fachleit doran, si hun d'Kugelen ofgefeilt an de Schlagbolze vum Revolver geännert. Wéi ech e mat dem Roger am Bësch ausprobéiert hun, woosst ech, datt mir elo éng gutt Waff haten, fir am Eeschtfall, an d'Preisen hate mech jo schéisse geléiert.

Enn Mäerz 1944 krute mer e Liewenszeechen vum Ady aus dem Aschendorfer Moor; de Bréif war zu Papenburg ofgestempelt an doduerch war et mer méiglech fir dat Lager op der Kaart ze fannen. Wéi ech zum Papp gesot hun, datt dat no bei der hollännescher Grenz wir, sot hien, da bleift den Ady nët, hie versicht bestëmmt do fort ze kommen. Wéi am Abrëll d'Sonn luusse komm as, do war d'Keelt séier gebrach, mä déi schnéiwäiss Pracht awer och geschwënn um Enn, et as Fréijor gin.

De 6. Juni 1944 sin déi Alliéiert an der Normandie gelant, mä ech konnt mech nët laang doriwwer freën, well den 10te war ech erëm am Prisong. Den Dag virdrun war an der Fabrik deen éischte Salzbaduewen ageschalt gin, no kuurzer Zäit as Damp aus dem Kabelkanal komm an duerno huet et gebrannt. Dat as Sabotage, huet den Ingénieur mech ugebrëllt an direkt de Patron Schmidt an d'Gestapo komme gelooss; ech hu mech dergéint gewiert a gesot, dat ech alles korrekt no Schema ugeschloss hätt. Ech hun et awer och mat der Angscht ze du kritt, well eréischt virun énger Woch haten se an énger Textilfabrik niewenun dräi onschëlleg Polen opgehaang, well do Feier ausgebrach war, dat als ofschreckend Beispill a fir datt besser misst opgepasst gin; d'ganz Belegschaft hat missen nokucken, och aus den Nopeschfabriken hun misse Leit dohënner goen; ech war och dobäi.

Duerch éng Kontroll um zweten Uewen huet et sech erausgestallt, datt de Feler am Schema gemaach gi war, mä den Ingénieur wollt dat nët zougin an dofir hun ech d'Fabrik misse verloossen. Owends am Lager sin ech vum Unterlagerführer an de Bunker gefouert gin, an den aneren Mueren op Hirschberg an de Prisong. D'Gestapo huet sech erëm afond a mer matgedeelt mäin "Dienstverpflichtungsvertrag" mat den "Hirschberger Optische Werke" wir opgeléist, an ech misst mech elo entscheden tëschent der Wehrmacht oder Gross-Rosen; ech hun hinne geäntwert, si hätte jo méng Akten an dorun hätt sech näischt geännert.

Schon deen aneren Dag war ech erëm am Arbeitskommando, fir um Güterbahnhof Waggonen auszeluede mat Maschinnen, déi vu Berlin komm ware mat der Opschrëft "Askania Werke". Duerch e schwéiere Bombardement am Mee waren do vill Fabriken zerstéiert gin an déi Maschinne sollten hei zu Hirschberg erëm a Betrib geholl gin. Enn Juni sin ech aus dem Prisong entlooss gin, well d'Elektrofirma Schmidt den Optrag kritt hat an éngem Depot, dee geraumt gi war, déi Maschinnen esou séier wéi méiglech unzeschléissen. Dat séier war éng Illusioun wéi déi Zäit villes bei hinnen, well virdrun hu misse Verdelerleitunge montéiert gin, déi Zäit an Aarbecht kascht hun.

An denen 3 Woche Prisong hat sech un den Krichsfronten villes zu eise Gonschte geännert, d'Invasioun vun den Alliéierten am Weste war nët nëmme gegléckt, mä si haten esou vill Truppen a Material an d'Normandie bruecht, datt et de Preisen onméiglech war se erëm zréck ze werfen. Am Osten hun d'Russe virun un Terrain gewonnen a verschidden däitsch Genereel hun agesin, datt de Krich nët méi ze gewanne wir. Sou as et den 20. Juli 1944 zum Attentat op den Hitler komm, dat leider nët gegléckt war an hien a séngem "Wahnsinn" nach bestäerkt huet, hie wir derzou beruff als Begrënner vum "Tausendjährigen Grossdeutschen Reich" a Führer vum däitsche Vollek mat him "bis zum Endsieg" ze kämpfen. Déi Haaptschëlleg aus der Offizéiers-clique gouwen opgehaangen, déi aner erschoss, et hun der awer och Selbstmord begaangen oder sin ënner mysteriéisen Emstänn ëm d'Liewe komm, wéi de legendäre Panzergenerol Rommel, deen et nët fäerdeg bruecht hat am Westen déi Alliéiert ze stoppen.

Enn August si mer gewuer gin, datt de Generol De Gaulle vun de Paräisser begeeschtert emfaange gin as; fir d'Lëtzebuerger doheem war d'Liberatioun vun der preisescher Willkür nobäi, mä fir all déi vun de Preise verschleeft Lëtzebuerger as d'Liewen an d'Leed nach méi schlëmm gin, och fir déi Emgesidelt.

No dem Modell vum Westwall sollt esou séier wéi méiglech en Ostwall gebaut gin, fir d'Russen zréckzehalen an dofir sin och Emgesidelter aus verschiddene Lager an den Arbeitskommando Ostwall komm. Vu Boberstein waren et iwwer 50 Leit tëschent 16 an 60 Joer, Männer a Fraen, Jongen a Medercher, déi op Zeidel, eng Géigend östlech der Oder un der polnescher Grenz, oftransportéiert gi sin, fir do Panzergrief auszewerfen. De Papp an de Josy waren derbäi an och eis Vermëttler Kasel a Brasseur, déi et ewell dacks fäerdeg bruecht hate Boussegkete vun der Lagerführung ze verhënneren. De Papp war doduerch ganz beonrouegt an huet beim awuar gesot: "Lucien, du bass elo verantwortlech fir eis Famill, pass gutt op, och wat hei am Lager geschitt a léier séier nach e bësse russesch, well ech méngen se si ge-schwënn hei".

Dofir hun ech owends no der Aarbecht an der Askaniafabrik méng russesch Frënn am Lager bei den Optische Werke opgesicht, fir russesch ze léieren, mä ech hu gläich gemierkt, datt déi Sprooch nët an e puer Stonnen ze léiere wir. Aus deer Ursaach hun ech en Text preparéiert, deen si mer iwwersat hun, doran hat ech geschriwwen, an dësem Lager wiren zënter méi wéi zwee Joër zwangsdeportéiert Lëtzebuerger Familjen, déi géint den Hitler an Nazidäitschland gekämpft hätten, et wire vill Frae mat Kanner hei, wou d'Männer erschoss oder am Kazett wiren. Mir géiwen d'Russesch Truppen als eis Befreier begréissen, a mir wiren hinnen dankbar, wann si eis kënnten hëllefen esou séier wéi méiglech heem ze kommen.

An Däitschland sin d'Liewenskonditioune vu Woch zu Woch méi schlecht gin, a well den Hitler nei Zaldote gebraucht huet, as alles, wat wibbele konnt, vu 16 bis 60 Joër an de Volkssturm agezu gin.

An de Fabriken hu bal nëmme méi Fraen, Medercher an Auslänner geschafft, an dat 10 bis 12 Stonnen den Dag, och bei Askania; mä zu enger richtiger Produktioun as et nët méi komm, well d'Maschinne beim Bombardement zu Berlin an um Transport ze vill gelidden haten, an och nët genuch Fachleit do waren; doriwwer konnte mir eis nëmme freën.

Zu deer Zäit hun ech e Bréif kritt, dee mat Josy ënnerschriwwe war, am Bréif stung: "Mir sin hei zu 7 an et as schrecklech kal. Wanns du eis mat waarme Kleder, apaart Ennerwäsch an e bësse Geld kanns hëllefen, da wire mir dir séier dankbar, ech hu keen aneren, deen ech kënnt froen". Ech wosst direkt, datt et Wirol's Josy war mat Kollegen. Am Lager hun ech zesummengedroen, wat ech kont kréien, well mir ware selwer schlecht drun an d'Mamm huet Geldschäiner an d'Fudderduch agebitzt. An Ofstänn vun 2 Deg hun ech vun Hirschberg aus 7 Päck un déi Deckadress geschéckt an der Hoffnung, datt et hinne géif virun hëllefen.

Och bei eis war déi kal Zäit erëm do, d'Liewesmëttelratioune sin nach méi schmuel gin, vun doheem sin zënter September keng Bréif a Päck méi komm, an dofir si mer all Owend nach bei d'Baueren am Duerf schaffe gaangen, fir e bësse Mëllech an e puer Gromperen. Krëschtdag war eng ganz traureg Zäit well vill Familjen eng zwete Kéier getrennt waren duerch d'Schanzaarbechte vum Ostwall. Aus dem Radio si mer gewuer gin, datt eist Ländchen, wat elo dräi Méint fräi war, nees eng Kéier vun dem Hitler séngen Truppen iwwerfall gi war, an et wosst nach kee wéi déi Rundstedtoffensiv géif ausgoen. Souguer d'Krëschtmass an d'Biede ware fir d'Leit keen Trouscht, a gedréckter Stëmmung si mer an dat Neit Joër gaangen.

Eréischt Enn Januar 1945, wéi et sech erausgestallt huet, datt d'Rundstedtoffensiv fir d'Preisen e Fiasko gi war, hu mer erëm opgeotemt, zu deer Zäit sin och d'Schanzerten aus dem Ostwall a klenge Gruppen heem an d'Lager komm, déi lescht uganks Februar. Si hate 5 schro Méint hannerun sech; a Scheieren an ale verloossene Bauerenhaiser hun si nuets op Stréi misse leien, opstoe war sou bal et hell gin as, d'Wäsche war dobaussen, dann as et mat Schëpp, Spuet an Häl an d'Grief gaangen, fir eng sënn-an zwecklos schwéier Aarbecht auszeféieren; an enger halwer Stonn Mëttespaus as eng schluddereg Zopp aus der Gulaschkanoun geläffelt gin, an dono erëm geschafft gi bis et däischter war. Esou as dat gaangen, Dag fir Dag, ob et gereent oder geschneit huet, si hu missen an de Gruef, an d'Aarbechte sin nëmmen agestallt gi bei héije Minustemperaturen. Hir Opsiichter waren SA an SS, déi sech domat virun dem Frontasaz konnten drécken an déi och als éischt den 21.Januar verschwonne waren, wéi d'Russe méi nobäi komm sin. D'Lëtzebuerger a vill Leit vun aneren Nationalitéite waren sech selwer iwwerlooss an hu sech bei äiseger Keelt e puer honnert Kilometer op ege Fauscht missen duerchschloen, fir an hir Lageren ze kommen an dat meeschtens zu Fouss, well preisesch Flüchtlingen d'Prioritéit an den Zich haten.



D'Schanzerten am Ostwall



Well am Lager keen erhale gin as, deen nët geschafft huet, hun d'Schanzerte keng Erhuelungspaus zougestane kritt, a sin erëm direkt a Fabrike verdeelt gin. Wéi d'Russen ëmmer méi no komm sin, huet de Lagerführer et verstanen sech den eleren a kränkleche Leit lass ze maachen an de 6. Mäerz 1945 sin 176 Bobersteiner oftransportéiert gin, wouhin, dat wosst deemols keen. No dem Krich si mer gewuer gin, datt se no énger beschwéierlecher Kräiz-a Querfahrt zu Bobingen bei Augsburg gelant waren, wou d'Amerikaner sech hirer de 27. Abrëll ugeholl hun.

De Krich as op däitschem Buedem viru gaangen. D'Preisen hun um egene Läif erfuer, wat dat bedeit; d'Bombardementer aus der Loft vu Berlin, Dresden, Leipzig ware schro; déi Alliéiert stungen um Rhäin an d'Russe viru Berlin. Beim Kampf ëm Berlin huet den Hitler den 30. Abrëll a séngem Bunker Selbstmord begaangen a säin "1000 jähriges Reich" as am Chaos ënnergaangen. Bei eis zu Boberstein war et déi ganz Zäit méi roueg bliwwen, mir hu mol Kanounendonner héieren an nuets och Blëtzer um Himmel gesin, mä an eng richteg Frontlinn as Boberstein nët komm.

## *Boberstein gët vun der Rouder Arméi befreit*

De 6. Mee mueres as festgestallt gin, datt eis dichteg SS Lagerführung iwwer Nuecht verschwonne war. Mir ware frou, datt se fort waren a kéngem Lëtzebuerger dobäi e Leed geschitt war. D'Häre Kasel, Brasseur a Parmentier si gebiede gin d'Lagerführung ze iwwerhuelen, si haten als Vermëttler virdrun déi néideg Erfarung dozou. Wéi mer de 7.Mee 1945 gewuer gi sin, datt Däitschland kapituléiert hat, do war d'Freed grouss, d'Hake- kräizfändelen an d'Hitlerbiller sin erofgeholl a verbrannt gin, an hir Plaz as de Lëtzebuerger Fändel opgezu gin. De Krich war eriwwer, an et as berode gi wéi mer eis russesch Befreier sollte begréissen. De Piano aus dem Schlass as an d'Entree gedroe gin, fir d'International ze spillen; mer sollten alleguer matsangen an d'Kanner Blummen iwwerreechen.

Well Sproochschwiregketen ze erwaarde waren, hun ech den Här Kasel informéiert, datt ech an der Zäit, wou hien am Ostwall war, eng Erklärung iwwer eis Situatioun op russesch iwwersetze gelooss hat. Hie war ganz frou doriwwer, an dee Pabeier sollt den éischte Kontakt erliichteren. Nodeem, wat mer esou iwwer d'russesch Militär héieren haten, hu mir eis Suerge gemaach wéint de Fraen an de Medercher am Lager, a mir sin eis eens gin, fir se am Fall dër Nout am Iessraum ze verstoppen an d'Trap fir dohin ofzemontéieren.

D'Schlasspaart an der Mauer as opgemaach gin, a mir hun op de grousse Moment gewaart. Den 9. Mee mueres géint 9 Auer huet eis lëtzebuergesch Lagerwuecht gemellt, d'Russe kommen, et waren awer nëmmen zwéin einfach Zaldoten déi virsiichteg, d'Hand un der Maschinnepistoul bei d'Paart komm sin, mä awer erëm zréck gaange sin, obschons mir hinne gewénkt hun.

Eng Stonn méi spéit waren se erëm do mat engem jonken Offizéier, a si si bis an d'Entree vum Schlass komm, wou mir se ewéi virgesi mat der International begréisst hun, iwwerdeems kleng Medercher hinne Blummen iwwerreecht hun. D'Jongen hun sech wéi erdréckt gefillt ënnert dene ville Leit, déi si esou stiermesch emfaangen hun. Méng Erklärung iwwer eis Situation huet den Offizéier nët ze liese kritt an huet se dofir an d'Täsch gestach. Si hun sech nët laang gesaumt, an et huet mir geschéngt, datt se frou waren, fir erëm bei d'Paart ze kommen. Den éischte Kontakt mat der Rouder Arméi war awer geknëppt, a si waren informéiert, wat fer Leit hannert denen héije Mauere géiwe wunnen.

Den aneren Dag as e Grupp vun eleren Offizéier komm, ënner hinne war e politesche Kommissär dee franséisch and däitsch geschwat huet, an en huet versprach mat séngem Chef zréck ze kommen. Zwéin Deg méi spéit war en erëm do mat séngem Kommandeur, deen och gutt franséisch geschwat huet a sech den Här Kasel als Gespréichspartner a Responsabelen ausgewielt huet. En huet versprach séng Zaldote géiwen nët wéi virgesin am Schlasshaff aquartéiert gin, mä si géiwen hannert dem Lager am Bësch kampéiere bis mir fort wiren. A sénger Divisioun géif hien dofir antrieden, fir eis mat hire Camionen an d'Sammellager Liegnitz ze féieren.

An der Iwwergangszäit, bis d'Russen sech eiser ugeholl hun, haten d'Lëtzebuerger sech selwer organiséiert, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, well d'Elektresch an d'Waasserversuergung waren ausgefall. Fir hygienesch Zoustänn am Lager ze erhalen hu mer mat der Handpompel vun der Bobersteiner Feiersprëtz Waasser aus der Bober an de Reservoir vum Lager gepompelt an nuets hu Käerzen dofir gesuergt, datt et nët ganz däischter war. Liewesmëttel fir déi 600 Leit, an et sin der nach ëmmer bäikomm aus anere klengen Lager a lagerfräie Lëtzebuerger aus der Emgéigend, si mer mat éngem Camion mat dem Lëtzebuerger Fändel drop, an d'Heeresverpflegungslager op Hirschberg siche gaangen; eng Erlaabnis dozou hate mer nët, mä et huet awer och keen eis doru gehënnert. Lëtzebuerger hun zu Schildau an der Bäckerei Brout gebak an hannert dem Schlass as Véi geschluecht gin, sou datt d'Kichen normal versuergt konnt gin. Jiddereen huet gehollef, wou e konnt, an owends as gefeiert a gedanzt gin, bis an d'Nuecht eran.

Wéi d'Elektresch am Lager erëm fonctionnéiert huet, as de russesche Capitain aus dem Bësch froe komm, ob keen Elektriker ënnert eis wir, si wire frou, wann se och eng kleng Beliichtung an hire Buden hätten, déi se sech aus Brieder a Sperrholzplacke gezammert haten. Do konnt ech nët nee soen, ech si mat hinnen op Hirschberg Material siche gefuer a wor zwou Woche bei hinnen am Bësch. De Capitain huet e bësse franséisch geschwat, an e wollt vun der Geleënheet profitéieren, fir sech ze verbesseren, dofir huet hie selwer, wiirklech ongewéinlech fir e Kompagniechef, mir bei der Aarbecht gehollef. Mëttes hu mer zesummen aus der Gulaschkanoun giess an dono hu mer Schach gespillt an diskutéiert. Hie war vu Leningrad, huet do gehollef déi preisesch Attacken ofzewieren, an dono as e mat op de laange Marsch no Weste gaangen.

Hie war kee begeeschterten Zaldot, well Krich a Leit dout maachen as eng eekleg Saach, sot hien, mä mir haten de Krich vun den Nazien opgezwonge kritt, mir hun de Krich zwar gewonnen, mä duerch déi vill gutt Leit, déi mer verluer hun, an déi immens Zerstéierunge bei eis doheem, kann ech mech mol nët doriwwer freën, e Krich as ni a vu kenger Säit ze gewannen. Esou huet e jonke Mann geschwat vun enger Natioun, déi d'Preisen als "sowjetische Untermenschen" ugesin haten; dat war e Kontrast wéi Dag an Nuecht am Vergläich zu der arroganter Iwwerhieflechkeet an dem äiskale Sadismus vun de Preisen. Ech hun him och vu méngem Liewen a vu Lëtzebuerg verzielt a mir hu Frëndschaft geschloss. Am Nomëtteg war et dann um Sport, Handball oder Fussball, Russland géint Lëtzebuerg, an do konnt ech nëmme feststellen, datt séng Zaldoten, och déi mat de mongolesche Gesiichter, ganz disciplinéiert an uerdentlech Jonge waren.

Den 28. Mee huet de politesche Kommissär sech am Lager afond, fir eis matzedelen, datt mer eis Saache sollte paken, well deen aneren Dag kéime Camionë, fir eis op Liegnitz ze féieren, an en huet eis aus der Prawda en Telegrammwiessel tëschent eiser Grand-Duchesse an dem Stalin virgelies, Ursaach war, dee gléckleche Ausgank vum Krich. Do as séier gepaakt gin, an dono gouf bis an d'Nuecht era mat de Russe gefeiert.

Den 29. Mee mueres, wéi d'Këschten, d'Wallissen an d'Päck geluede gi sin, huet et sech erausgestallt, datt et mat de Camionë nët géif duer goen, fir d'Leit alleguer mateneen op Liegnitz ze féieren. Doriwwer as elle ruspetéiert an no Schëllege gesicht gin, mä d'Russen hun d'Leit gezësst a gesot, wann déi Rout Arméi eppes verspriécht, dann hält si dat och, mir schécken nach e Convoi Camionë an da kommen och déi Hirschberger mat. Ech hun de russesche Frënn aus dem Bësch nach en häerzleche Merci gesot a wéi déi imposant Kolonn mat dem Lëtzebuerger Fändel op jidferengem vun dene 60 Camionë aus dem Schlasshaff erausgefuer as, do war de Capitain mat sénge Jonge bei der Schlasspaart ugetrueden a si hu salutéiert.

# *Heem op Lëtzebuerg*

Fir eng hallef Stonn konnte mer nach bei herrlechem Wierder d'Riesengebirge mat der Schnéikopp bewonneren, dat eenzegt Schéint an dene schwéiere Joëren, an d'Rees as virugaangen; Russesch Zaldoten, déi mat Opraumungsaarbechten vun zerschossen an verbrannte Panzer a Camionë laanscht de Stroosse beschäftegt waren, hu frëndlech gewénkt an no e puer Stonne si mer an d'Sammellager Liegnitz era gefuer. An der Prinzen- strasse, eng vun dene schéinste Stroosse vun der Stad, si mer an den Haiser, déi d'Preise verlooss haten, logéiert gin. An der Mëtt vun der Strooss war en Haus mat engem grousse Briet virun der Dir, dat hat d'Militärverwaltung fir eise Lëtzebuerger Comité de rapatriement virgesin, do si mer d'Lageruerdnung gewuer gin an do war och all mueres ëm 9 Auer Appel an déi neitst Informatiounen ausgehaangen.

Et war de Leit fräigestallt, fir mat hire Liewesmëttelratiounen an den Haiser selwer ze kachen oder an d'Gemeinschaftskichen iessen ze goen. Mir konnten eis nët bekloen, alles war gutt a vëlleg an dobäi och nach gratis, mir waren hei Gäscht vun der Rouder Arméi.

D'Haiser hu vun de Bewunner selwer misse propper gehale gin, och virun der Dir, an d'ganz Strooss a Gemeinschaftsaarbecht. Mueres beim Appel sin och mol Leit gefrot gin, fir kleng Aarbechten, Onkraut ze jieten an de Gäertnereien aus dene Geméis hir komm as, oder an de Spideler ze hëllefen; dofir hun se meeschtens Jongen a méngem Alter geholl. Si wollten eis weisen, wat hir Jongen am Krich gelidden haten an nach ëmmer leiden, Hänn a Féiss, Äerm a Been hu mer vun denen aarme Kärelen zesumme gedroen, et war grujheleg.

An den Niewestroosse ware Leit vun aneren Natiounen, déi an Däitschland verschleeft gi waren an och drop gewaart hun, fir heem ze kommen, enner hinne vill Fransousen, Belscher an Holländer mat dene mir eis gutt verstanen hun. Esou as d'Zäit séier erëm gaangen, well, ausser Kino, Theater, Concert, Sport, alles vun der Militärverwaltung organiséiert a gratis, war all owend Danzmusek, mir hätten eis gefillt wéi an enger Vakanz, wann d'Verlaangeren no heem nët gewiest wir. De 9. Juni si mat 23 Camionen déi lescht Lëtzebuerger aus der Hirschberger Géigend bei eis ukomm, an elo hu mer zesummen op déi nächst Etapp gewaart.

De 17. Juni hu mer matgedeelt kritt, mir sollten eis fäerdeg maachen, fir den Dag dono mat Camionë an den amerikanesche Secteur gefouert ze gin. Den 18. mueres stungen eng honnert Camionë an der Strooss, et as geluede gin an iwwer d'Autobunn si mer Richtung Cottbus gefuer an dann südwestlech op Riesa un der Elbe. Do war en Austauschlager zwëschen der Rouder Arméi an de westlechen Alliéierten, mat bei eis waren och Fransousen, Belscher an Holländer. No zwéin Deg hu franséisch an amerikanesch Camionë eis op Leipzig an eng Kasär gefouert, wou mer iwwer Nuecht blouwen. D'Amerikaner haten an deer Zäit, an Zesummenaarbecht mat de Belschen an dem Lëtzebuerger Comité eng Ramm vu 55 Gidderwaggonë zesummengestallt, an déi mer mat eisem Bagage ageluede gi sin, 34 Leit pro Waggon.

Dono huet wéint de villen zerstéierte Strecken a Brécken eng Zick-Zack Rees duerch Däitschland ugefaangen, bei Krefeld si mer iwwer eng provisoresch Rhäinbréck gefuer, dann no Holland, wou mer wéint eise rout-wäiss- bloe Fändelen un de Waggonë begeeschtert begréisst gi sin. Eis Freed war nët vun Dauer, well d'Madame Merken vun Dikrech, déi sech zwëschen zwéi Waggone gesat hat, fir hir Nout ze maachen, zwëschen de Pufferen erdréckt gi war, wéi den Zuch ugefuer as. Iwwer Maastricht as d'Rees virun op Léck gaangen a vun do Richtung Lëtzebuerg.

No dem Tunnel zu Elwen hu mer déi éischt Halt op Lëtzebuerger Buedem gemaach, wou mer eraus geklomme sin an d'Hemecht gesongen hun, dat war de 25.Juni mueres fréi.

Dono as et virugaangen op Lëtzebuerg, wou d'Autoritéite ganz iwwerrascht waren, esou vill Emgesidelter begréissen ze kënnen, déi ouni d'Interventioun vun der Regirung heem komm waren.

Wéi den Zuch an d'Gare zu Lëtzebuerg agelaf as, war de Wirol's Josy an aner Péiténger schon um Perron, si haten d'Noriicht um Radio héieren. Mir ware frou, fir eis erëm ze gesin, de Josy hat de Krich also och gutt iwwerstanen. Eis éischt Fro huet sech ëm den Ady gedréint, mä do konnt hie keng Äntwert gin.

Matséngem Auto, déi Zäit eng Raritéit, deen hien am Mee 1940, no dem Amarsch vun de Preise bei engem Bauer ouni Rieder ënner Stréi verstoppt an no dem Krich a guddem Zoustand erëm fond hat, si mer op Péiténg gefuer, mä an eist Haus si mer nët komm, et war en anert Schlass an der Hausdir. D'Famill Wirol huet eis bei sech opgeholl an owends huet de Josy vun dem Wee, deen d'Preisen him reservéiert haten, verzielt.

# Dem Wirol's Josy säi Wee

Den 11. Oktober 1942, eng Woch nodeem ech zu Bréissel bei him war, as hie bei séngem fréiere Patron Urbain an enger Mansard mat zwee klengen Zëmmer ënner Daach komm. Den Ady as zur gläicher Zäit ukomm, an si hun sech déi zwee Zëmmer gedeelt. De Josy as virun an d'Gäertnerei schaffe gaangen an den Ady huet duerch d'Vermëttlung vum Meyers Albert, dem Grënner vun der LRL, deen sech och op Bréissel hat missen ofsetzen, fir der Verhaftung ze entgoen, eng Aarbecht an enger Garage kritt. Am Dezember as am Lëtzebuerger-belsche Resistenzlerclan vun der LRL Rieds gaangen vun engem Areler, deen de Lëtzebuerger belsch Auswäispabeiere kënnt beschafen. De Josy an den Ady hu sech Passfotoë maache gelooss an un de Mann ofgeliwwert, awer keng Ausweiser kritt. Mëtt Januar 1943, wéi de Josy owends no der Aarbecht an der Gäertnerei heem komm as, hun zwéi Gestapoagenten op hie gewaart, déi franséisch geschwat hun, a wéi hie sech den Domme wollt maachen op däitsch zu him gesot, hie wir de Wirol Josy vu Péiténg an e wir verhaft. Dono hun se op der Mansard op den Ady gewaart, en Drëtten hat sech virun der Hausdir verstoppt. Den Här Urbain, deen am Rez de Chaussée gewunnt huet an d'Saach mat kritt hat, huet den Ady gewarnt, an hie konnt duerch eng Hannerdir verschwannen, iërt se d'Haus op d'Kopp gestallt hun.

No e puer Deg am Prisong vu St.Gilles as de Josy op Lëtzebuerg an de Gronn iwwerfouert gin. 3 Woche laang an Eenzelhaft huet d'Gestapo mat alle Mëttele versicht d'Nimm vun den LRL Mêmberen aus him erauszepressen, wat hinnen awer nët gegléckt as. Am Verhéier huet hie festgestallt, datt den Areler en Duebelagent a Verréider war, dee vun der Gestapo op d'LRL zu Bréissel ugesat gi war.- No dem Krich as den Areler Verréider vun der belscher Justiz zu 12 Joër veruertelt gin.

Aus dem Gronn as de Josy op Hinzert iwwerfouert gin, wou e vill Bekannter erëm gesin huet an e Joër bliwwen as. Vun Hinzert as e fir kuurz Zäit op Mauthausen komm, an vun do an e Lager beim Loibl-Pass un der Grenz vun Eisterräich-Jugoslawien, wou beim Bau vun engem Tunnel och Kazettler agesat gi sin, ënner hinnen e puer Lëtzebuerger. De Verschalungsmeeschter vun enger éisterräichescher Privatfirma, ënner deem säi Kommando hien d'Chance hat ze kommen, war e Jugoslav, deen en Zëmmer op éisterräicheschem Buedem hat. De Mann war hinne gutt gesënnt, well et war en Tito-partisan a Spioun, a wéi d'Preisen dat eraus fond hun, as en op der Plaz erschoss gin. Un déi Adress hat ech och d'Päck mat waarme Kleder a Geld geschéckt, wat et hinne méiglech gemat huet, fir sech am Duerchernee vun der leschter Zäit ofzesetzen a sech duerch ze schloen bis se an d'Gräpp vun den Amerikaner gefall sin, déi sech hirer ugeholl hun: Iwwer Italien bis no Roum huet hire Wee gefouert, fir erëm heem ze kommen.

Enner véier Aen huet de Josy mer dono d'batter Noriicht bäibruecht, datt 91 Lëtzebuerger Jongen aus de Moorkazetter op Sonnenburg verschleeft gi waren, fir do zwéin Deg iërt d'Russe komm sin, vun der SS erschoss ze gin, ënner denen och den Ady kënnt sin. Ech hun an der Nuecht keen A zougedun, et war mir wéi am Abrëll virun 2 Joër, wéi ech hei déi schlecht Noriichten iwwer Bréissel kritt hat.

## *Zu Péiteng, awer nach nët doheem*

Mueres sin de Papp an ech op d'Gemeng gaangen, fir eis aus der Emsiidlung zréck ze melden. Déi hu gläich e Schlässer geschéckt, fir d'Schlass an der Dir ze wiesselen, a mir si gewuer gin, wéi et mat eisem Haus gaange war. Well de Papp, konsequent wéi hien ëmmer war, d'Ennerschrëft fir d'Treuhand verweigert hat, war d'Haus beschlagnaamt an un e Preiss verkaaft an de komplette Mobiliar op der Maartplaz zu Péiténg versteet gin. De Preiss hat sech iërt d'Amerikaner komm si mat sénge Miwwelen heim ins Reich gemaach an d'Gemeng hat alles an deem Zoustand gelooss. Si huet sech elo erbueden, fir eis Miwwelen aus vu Preise verloossenen Haiser provisoresch ze gin, dofir si mer bei Wirol's bliwwe bis d'Haus an engem wunnlechen Zoustand war.

Freides hu mer e Bréif kritt an dora schreift eis e Meedchen aus Toulouse, datt den Ady do an engem Internéierungslager wir, a mir sollten hien esou séier wéi méiglech eraus huelen. Méi eng schéi Noriicht konnte mer nët kréien a wéint dem Wochenenn hat ech den 3. Juli jhust ugefaangen d'Pabeieren zesummen ze droen, fir op Toulouse ze fueren, do war den Ady do. Dat war eng Freed, onbeschreiflech, an et as awer och bis spéit an d'Nuecht gefeiert gin; hien huet zwar verwëldert ausgesin, mä wéi mir bis wossten, wat fer e Liewen hien hat misse féieren, do hu mir verstanen, datt dat Spuren hannerléisst.

# *Dem Ady säi Wee*

Wéi den Ady zu Bréissel mat Hëllef vum Här Urbain duerch d'Hannerdir konnt verschwannen as en op en Tram gesprongen, dee jhust laanscht gefuer as, huet den Tram no e puer honnert Meter gewiesselt a war gutt fortkomm, mä en hat keen Ennerdaach méi. D'Nuecht huet hien op der Strooss verbruecht an am Laf vum Dag hat en d'Chance vum Meyers Albert d'Adress vun engem Bréisseler Resistenzler ze kréien, wou en och konnt bleiwen, et war den Timmerman Maurice. Op Kuerfreideg mueres um 6 Auer huet et bei hinne geschellt, d'Gestapo war do. Wéi hien iwwert d'Terrass op den Daach wollt klammen, fir iwwert d'Deech fortzekommen huet ee vun ënnen aus dem Gaart geruff: "Bleif stoen soss schéissen ech dech erof", d'Gestapo vu Lëtzebuerg war am Spill. No dem Krich eréischt as hie gewuer gin, wéi déi Saach inzenéiert gi war. Nodeems de Wirol's Josy op Hinzert bruecht gi war an d'Gestapo onbedéngt d'LRL Bréissel mat sénge Chefe wollt liquidéieren, huet si e Lëtzebuerger Collaborateur zu Hinzert ageschleisst, fir do d'Oueren ze spëtzen. No enger virgetäischter Flucht vun Hinzert huet en sech bei der Famill vum Meyers ageschlach an als verfollegte Resistenzler, deen et fäerdeg kritt hätt vun Hinzert fortzekommen, Hëllef gefrot, fir op Bréissel ze kommen, wou en dann alles veroden huet.- No dem Krich as de Verréider verhaft gin an zu Lëtzebuerg am Prisong gestuerwen.

Vu Bréissel as den Ady op Tréier an de Prisong gefouert gin, wou d'Gestapo och bei him mat alle Mëttelen, awer ouni Erfolleg, probéiert huet d'Nimm vun den LRL Mêmbere gewuer ze gin. Dono as hie virun "d'Kriegsgericht" komm, an "als Angehöriger einer terroristischen Untergrundorganisation, Fahnenflucht und Zersetzung der Wehrkraft" ugeklot gin. De Staatsanwalt huet fir déi Delikter d'Doudesstrof verlaangt, mä well déi Zäit schon e Manktem un Aarbechtskräfte war, as hien zu 15 Joër Zwangsaarbecht veruurtelt gin a bei engem Kommando fir geféierlech Opraumungsaarbechten a bombardéierte Stied agesat gin. Nodeem en zweemol probéiert hat, fir sech ze verdrécken, wat him awer nët gegléckt war, as hien am Mäerz 1944 an d'Aschendorfermoorkazett ageliwwert gin. Well d'hollännesch Grenz nët wäit wech war huet hien och do probéiert, fir fort ze kommen, an hie war nët den eenzegen, well do war d'Iwwerliewe schwéier. Am Ufank sin déi Flüchteg erschoss gin, dono hun se en F op de Réck gemoolt kritt a sin an enger Strofkompagnie méi streng bewaacht gin.

Am Abrëll sin 20 Véiwaggone mat F-Kazettler vollgeluede gin, ënnerwee huet den Ady gehéiert, datt se duerch Frankräich gefuer sin, an wéi se ausgeluede gi sin, hun si d'Mier gesin, si waren zu Berck-Plage an der Normandie. D'Organisatioun Todt war do am Gaang Befestigungsanlagen ze bauen, a well déi duerch englesch Bombardementer ze vill Ausfall haten, hun se och Kazettler agesat, fir déi war et nët esou schued, wann se leie bliwwe sin. D'Stiedche war aus deem Gronn schons deelweis evakuéiert gin a vill Haiser stungen eidel.



Bei engem Bombardement war et dem Ady, zesumme mat engem Elsässer an engem Preiss gegléckt, sech an engem onbewunnten Haus ze verstoppen: ebämol stung awer eng Fra an der Dir mat engem décke Knëppel an der Hand, et war d'Nopesch. Nodeem si hir Situatioun explizéiert haten, war d'Fra ganz behëlleflech an huet se bei sech um Späicher verstoppt, bis d'Razzia no hinnen eriwwer war an d'Preisen der Menong waren, si wiren ënnert den Trümmer verschott gin. De Polizeikommissär vu Berck, e gudde Frënd vun hirem Mann, deen nach a Krichgefaangenschaft an Däitschland war, as informéiert gin an huet hinne franséisch Pabeiere verschafft, aus dem Ady as de Roger Latour vu Longéville les Metz gin. Wéi déi ganz Géigend zur zone rouge déklaréiert an total evakuéiert gin as, haten si d'Chance mat der Fra, an der Famill vum Bäcker, mat engem Lederwon, vu Päerd gezun, aus der kritescher Zone bis op Abbéville eraus ze kommen. Dono huet d'Fra sech nach bei dem Chauffeur vun engem Postgepäckbus, dee mat Holzkuele gefuer as, agesat, an, ënnert de Päck verstoppt, konnten si mat bis op Paräis fueren. - No dem Krich huet d'Madame Wisengremel vun der franséischer Regirung eng héich Auszeechnung kritt fir hir couragéiert Hëllef -

Vu Paräis aus waren si op sech selwer ugewisen a, well se nach e Kont mat de Preisen ze regléieren haten, waren se op der Sich no dem Maquis. Dofir sin se no Süde getrappt, hun heiandsdo engem Bauer gehollef, fir eppes z'iessen ze kréien a bei schlechtem Wieder op der Scheier däerfen ze schlofen. Bis op Souillac am Périgord waren se komm, ëmmer a Gefor op preisesch Patrullen ze stoussen oder der Vichy-Miliz an d'Gräpp ze lafen, do huet de Maquis se fond an als Spioune festgeholl. Hir Explikatiounen hun de Chef vun de Maquisaren nët iwwerzeegt, an hien huet se an e Schwäistall aspäre gelooss. Struppeg an erofkomm waren si bis op Souillac komm, mä se konnten sech awer heiandsdo an enger Baach wäschen, elo hun se och nach gestonk wéi Schwäin. No 10 Deg huet de Chef, deen sech selwer zum Capitain ernannt hat, se eraus gelooss a matgedeelt hien hätt sech beim Kommissair vu Berck renseignéiert, an well hir Geschicht d'Wourécht gewiescht wir, géif hien se an de Maquis ophuelen, mä se sollten sech direkt drop astellen, bei hinne géif et rau hirgoen.

No kuurzer Ausbildungszäit sin se an den Asaz komm beim Iwwerfall op Bensin an aner wichteg Depot-en, nuets hun se op engem Plateau bei Souillac mat Fakelen de Fliger d'Plaze markéiert, wou se Waffen, Munitioun a Sprengstoff erof geworf kritt hun. No der Invasioun vun den Alliéierten, de 6.Juni an der Normandie, sin d'Maquisaren ënnert de Kommando vun der "FFI"-Forces françaises de l'intérieur, gestallt gin an hun zentral gesteiert Aktiounen iwwerholl. Si hu Wehrmachtstransporter op der Schinn an op der Strooss um Wee vum Süden an den Norde vu Frankräich ugegraff, ënner aneren d'Panzerdivisioun "Das Reich". Si hu Brécken, Tunellen a Gleiser gesprengt a, wann d'Transporter dann hu missen hale bleiwen an d'Zaldoten erausgeklomme sin, hu si se ugegraff, a wann dat an enger Schlucht war, hun se vun uewe Fässer mat Bensin erof lafe gelooss an dann a Brand gestach.

No denen Aktiounen as eng grouss Botz ugelaf no versprengte preiseschen Truppen, Collaborateuren a Vichy Milizen, déi och mat Grausamkete verbonne waren; déi zum Doud Veruurtelt hun sech selwer missen hiirt d'Graf maachen an duerch Genéckschoss sin se dann an d'Lach gefall. Dat huet den Ady nët fäerdeg bruecht, hien huet dem Capitain séng Waffen ofgin an as dofir selwer hannert Stacheldrot an engem Lager bei Toulouse internéiert gin. Laanscht dem Lager war e Feldwee, wou e Meedchen heiansdo mat séngem Hond spadséiert as, an hien hat dat ugesprach, fir eis ze schreiwen. Zu gläicher Zäit huet hien als franséische Staatsbiirger Roger Latour de Stellungsbefehl fir an d'Arméi kritt an as op Toulouse an eng Kasär gefouert gin.

De Kommandeur vun der Kasär, e ganz verstännege Mann, huet him 8 Deg Congé bewëllegt, fir heem ze fueren, dovun huet hie profitéiert, fir op Paräis ze fueren, wou hien d'Lëtzebuerger Légatioun opgesicht huet, déi him d'Pabeieren an de Billjee fir op Péiténg besuergt hun.

## Endlech doheem

Nodeem eis Famill erëm komplett war, hu mir mat Begeeschterung an eisem Haus geschafft, fir alles fäerdeg ze maachen. Samsdegs war et esou wäit, d'Noperen haten d'Entrée mat Blummen a rout-wäiss-bloe Fändele gerëscht, a wéi mer komm sin, der Mamm an dem Papp e Bucki Blummen iwwerreecht an eis wëllkomm geheescht. Sonndes si mer zesummen an d'Mass gaangen an hun dem Herrgott Merci gesot, well hien an de ville geféierleche Situatiounen, wou mer der Willkür vun der Nazidiktatur Trotz gebueden haten, d'Hand iwwer eis gehalen hat.

## D'Follege vum Krich

Wuel war de Krich eriwwer mä a villen Haiser war de Misär grouss an d'Kräische wollt nët ophalen. Vill Patrioten haten d'Prisongen, d'Kazetter an d'Emsiidlung nët iwwerlieft a vun denen, déi heem komm sin, waren der vill krank a gebrach. Vill Jonge waren an der Wehrmacht gefall, vermësst oder nach a Gefaangenschaft, aner si verwonnt oder als Krëppel heem komm.

Et waren déi Zäit nach keng Zuele bekannt, mä se wire bestëmmt nach vill méi grouss gewiescht, wann d'Lëtzebuerger doheem nët an enger grousaarteger Solidaritéit an ënner egener Liewesgefor dausende Jonge verstoppt, oder an hire Bunkere mat Liewesmëttel a Medikamenter versuergt hätten.

L. P. F.

*. . "Seule une Vie vécue pour les autres vaut la peine d'être vécue"*



(Photo: Jos. Boentges)

## Gedenkfeier für Batty Reisch in Rodange

Am vergangenen Samstag hatten sich Delegationen verschiedener Resistenzorganisationen am Grab von Batty Reisch in Rodange eingefunden, um ihres Kollegen, der sich im Zweiten Weltkrieg zusammen mit seiner Gattin Elise einen Namen als Widerstandskämpfer gemacht hatte, zu gedenken. Zwanzig junge Kriegsverweigerer haben es Batty Reisch zu verdanken, daß sie den Krieg als freie Menschen überlebt haben.

Als persönlicher Freund und Gründungspräsident der LPF (Lëtzebuerger Politisch Flüchtlingen) erinnerte Nicolas Kremer an die Verdienste von Batty Reisch, der am 29. November vergangenen Jahres in eine bessere Welt heimgekehrt ist. Als die Gestapo sich im Februar 1944 nach Batty Reisch erkundigte, saß er mit 20 jungen Leuten im Bunker „Fridbësch", den er selbst erbaut hatte. Dort und damit leistete er der Resistenz wertvolle Dienste.

Nachdem die verschiedenen Vereinigungen, die an dieser Feierstunde teilnahmen, sich vor seinem Grab verneigt und Blumen niedergelegt hatten, spielte Johny Schmit die „Sonnerie aux Morts" sowie die „Hémecht" auf der Trompete. Damit Menschen wie Batty Reisch einer war, nicht aus der Erinnerung verschwinden, wurde eine Erinnerungstafel mit der Aufschrift „Merci fir Är Hëllef am Krich" an seinem Grab enthüllt.

Beim abschließenden Empfang im Café „Beim Félicie" in Lamadelaine erhielt Elise Reisch-Loesch Blumen zum äußeren Zeichen des Dankes, und sie wurde zum Ehrenmitglied der LPF auf Lebzeiten ernannt.

c. g. f.

Eise Koséng Batty vun Déifferdang, och en LRL Mêmber, konnt eis dovu verzielen. 1918 gebueren hat hien d'Chance nët an d'Wehrmacht agezun ze gin a konnt doduerch de verstoppte Jongen hëllefen. De Bunker Hondsbësch an der Minière bei Nidderkuer war dee gréissten am Land mat zäitweileg 120 Jongen; fir déi ze versuergen huet heemlech misse vill Brout gebak, vill schwaarz geschluecht a vill op Schläichweën transportéiert gin. Menungsverschiddenheten a Reiwereien ënnert de Jongen sin och nët ausbliwwen, well der ze vill do waren an ze vill laang Zäit do hu misse verbréngen. Aus deer Ursaach war de Batty mat e puer Jongen op Schlënnermanescht gaangen, wou séng Fra hir war, an huet do mat hinnen am Bësch en neie Bunker gebaut fir 20 Jongen; Gewierer huet séng Fra Lisa an Uewepäife verstoppt, vun Déifferdang mam Zuch dorobber transportéiert, dat ware schons Leeschtungen.

Eist Land war duerch de Krich ausgeräibert an aarm gin, dem Hitler séng lescht Aktioun am Westen, d'Rundstedtoffensiv, hat nach derzou bäigedroen Zerstéierungen an de materielle Schued ze vergréisseren. D'Liewen huet awer misse weidergoen an et as och weidergaangen, souwuel am Land wéi an eiser Famill. Schon no enger Woch as de Papp op d'Schmelz kucke gefuer an huet zwéin Deg dono mat Schaffen ugefaang, fir sénger grousser Famill eng Pai heem ze bréngen. Dag fir Dag, as hien erëm um halwer fënnef opgestan, esou wéi fréier. Do hätte mir Jongen, den Ady hat 24, ech 22, an de Roger 20 Joer, eis misse schummen, wa mir doheem sëtze bliwwe wiren, well fir virun an d'Schoul ze goen war et ze spéit an och finanziell nët méiglech. De Papp huet eis ze verstoe gin, datt et elo virun allem um Josy war, dee mat 17 Joer nach nëmmen d'Primärschoul, an dat bësse, wat hie bei mir geléiert hat, opzeweisen hat, an dann och un eise Medercher, dem Maisy 14, an dem Alice 12 Joer.

Well d'Rekonstruktioun am Land nach nët organiséiert war, sin ech mat méngem fréiere Patron Hoffmann, deen am Juni 1943 och a Schlesien an d'Lager Schlauphof ëmgesidelt gi war, op d'Handwierkskammer gaangen, fir eis Hëllef unzebidden. No e puer klengen Aarbechten hu mir vun der Eisebunn den Optrag kritt, d'elektresch Installatioune vun der Sauerstreck, vun Dikrech bis op Wasserbëlleg, an d'Rei ze setzen. Bis de 15. Juni 1946 waren den Ady, de Roger an ech do am Asaz, a mir hu gehollef eist Land erëm op ze bauen.

## *De Bilan vum Krich*

1946 as iwwerall an der Welt den éischte Bilan vum zwete Weltkrich gemaach gin. Nazi-Däitschland mat sénge Frënn Italien a Japan, déi no der Weltherrschaft gestrieft haten, ware schold um Doud vu 45 Millionen Mënschen, virun allem waren et d'Preisen déi sech blannemännches hannert hire Führer gestallt an him mat "Heil Hitler zugejubelt" haten.

Ouni Widersproch haten se an anere Länner an un anere Rassen déi schrecklechst Massacker ausgefouert, 6 Millioune Judden aus Europa haten se a Gaskummere gedriwwen, an och all denen Aneren, déi sech géint si gestallt haten, war et nët besser gaangen.

Polen hat schwéier gelidden a mat 6 Milliounen a 16.5%, den héchste Prozentsaz vu Krichsaffer, UDSSR war mat 21 Milliounen an 10% un zweter Plaz, och d'Preise ware gewuer gin, wat et heescht Krich ze féieren, a waren un drëtter Plaz. Dono as als éischt vun de westleche Länner, am Prozentsaz zur Populatioun, dat klengt Lëtzebuerg komm.

Dat war d'Wierk vum Hitler séngem Stellvertrieder zu Lëtzebuerg, dem Gauleiter Gustav Simon, dee genee sou fanatesch a brutal war wéi säi grousse Patron, a fir d'Lëtzebuerger déi nët paréiert hun, keen Pardong hat, an se nach wäit iwwert säin Zoustännegkeetsberäich verfollegt hat.

De Lëtzebuerger Bilan a ronnen Zifferen:

- 8.000 Doudesaffer,
- 8.000 Patriote waren an d'Prisongen, d'Kazetter an Emgesidelt gin, dovun sin der 2000 nët méi heem komm,
- 12.000 Jonge waren an d'Wehrmacht gepresst gin,dovun sin der 3150 gefall,
- 3.500 Jonge konnten am Land verstoppt gin,
- 600 Jonge konnten sech an de belschen a franséische Maquis a bei d'Alliéiert Arméien duerchschloen,
- 15.000 Lëtzebuerger ware gezwonge gin an Däitschland ze schaffen,
- 15.000 Jongen a Medercher ware gezwonge gin an den Arbeitsdienst ze goen,
- 10.000 Patrioten waren an de verschiddene Resistenzorganisatiounen activ.

# *1946 , d'Joer vun der Kritik*

D'Resistenz vum klenge Lëtzebuerg géint den iwwermächtegen Noper Däitschland hat an der ganzer Welt Unerkennung an esouguer Bewonnerung fond, wat zu sénger Identitéit als onofhängegt Land bäigedroen huet, mee mir haten awer och deier dofir misse bezuelen. D'Stëmmung am Land war schlecht, apaart nodeem als Lescht vun de Verschleeften, d'Tambower Jongen heem komm an Détailer vun hirem Leidenswee bekannt gi waren. Vun de betraffene Familjen as d'Londoner Exilregirung schaarf kritiséiert gin. Et war awer och onverständlech, datt de franséische Generol Petit 1500 Lottrénger an Elsässer schon am Juli 1944 konnt mat heem huelen, d'Lëtzebuerger Jongen awer hu missen do bleiwe bis de 5. November 1945. Vun den 991 Jongen waren an deer Zäit nach 217 gestuerwen an déi aner an engem miserabelen Zoustand.

Eist Land hat eng immens Zuel vu mütiléierten a kranke Leit ze versuergen, déi bis zu hirem Doud leide mussen. Déi Schëlleg vun dem ganze Misär sin awer nët voll zur Verantwortung a bei de Reparatiounsfuerderungen nach mat Händschen ugepaakt gin.

Onzefridde waren d'Leit och wéint dem Problem vun eiser Sprooch, deen ënnert den Teppech gekiert gin as. Mir haten ës genuch mat der preisescher Sprooch a vun deem Vollek, wat milliounefache Völkermord begaangen hat, Lëtzebuerg nach zënter éiweg ze leiden hat, an eis elo am Krich fënnef Joër laang schikanéiert an drangsaléiert hat. Bei der "Personenstandsaufnahme vom 10. Oktober 1941" waren d'Lëtzebuerger als enegt Vollek géint dem Gauleiter séng Frechheet ugetrueden, d'Lëtzebuerger Sprooch wir nëmmen en Dialekt an eis "Muttersprache wir deutsch". Deemols waren e puer honnert Patriote fir d'Lëtzebuerger Idenditéit an hir Hemechtssprooch an d'Kazetter verschleeft gin an zwéi vun eise Kollegen haten zu Köln ënnert dem Fallbeil hire Kapp verluer.

D'Hoffnung, datt elo no dem Krich en neien Ufank géif gemaach gin an der Lëtzebuerger Sprooch, déi Plaz zoukéim, déi hir gehéiert, huet sech nët erfëllt. D'Nimm vun eisen Uertschaften a Stied si vum preiseschen an d'franséischt iwwersat gin, aus Petingen as Pétange, nët Péiténg gin; aus Ulflingen as Troisvierges, nët Elwen gin; aus Luxemburg as Luxembourg, nët Lëtzebuerg gin, esou wéi mir ët soen. Och eis Zeitunge si virun an däitscher Sprooch geschriwwe gin, wéi wann d'Lëtzebuerger kee lëtzebuergesch kënnte liesen; an der Kiirch as virun op däitsch gebiet gin, wéi wann den Herrgott kee lëtzebuergesch géif verstoen.

Dat war fir vill Lëtzebuerger en neie béise Schock, mä d'Resistenzler waren am Krich staark déziméiert gin an déi d'Chance haten erëm heem ze kommen ware krank an haten nët méi d'Energie fir op d'Barrikaden ze goen. Aner Leit hu bestëmmt wéi et soll virugoen, do konnt een nëmmen hoffen, datt se de richtege Wee géiwen aschloen, och wat eis Sprooch betrëfft.

## *Reflexiounen iwwer d'Zäit vun haut*

Mat vill Schaffen, Energie an Ausdauer hun d'Lëtzebuerger aus egener Kraaft hiirt vun de Preisen zerstéiert Land erëm opgebaut. Duerch hir Resistenz géint Nazi-Däitschland hat eist klengt Land souvill u Prestige an der Welt gewonnen, datt vill auslännesch Fabriken, Banken an Institutiounen sech bei eis niddergelooss hun. Dofir hu mir misse Leit an d'Ausland, apaart an de Portugal, siche goen, awer och Leit aus de Grenzregioune si gäre komm. Haut hu mer wéinegstens 30% Auslänner am Land, déi bei eis liewen an denen et hei gutt gefällt, dobäi kommen nach 45000 Grenzgänger.

Ofgesi vu vill aner Problemer fir eist Land stellt sech awer méi wéi jee de Problem vun der Lëtzebuerger Identitéit, enk verbonne mat der Lëtzebuerger Sprooch.

Zënter datt duerch Gesetz vum 24. Februar 1984 d'Nationalsprooch vun de Lëtzebuerger d'Lëtzebuergesch as, gët an de Schoule Lëtzebuergesch geléiert a Courë fir Erwuessener ofgehalen. D'Auslänner si ganz wëlleg, mä schon hun der vill d'Bemierkung gemaach, ob et nët besser wir fir däitsch ze léieren, well da kënnten se och lëtzebuergesch Zeitungen, Illustréiert an aner Publikatioune liesen, déi jo all op däitsch geschriwwe wiren. Well an eiser geschriwwener Press däitsch dominéiert, besteet eng reell Gefor, datt och d'Lëtzebuerger, jonk an al, duerch e Manktem u Liesen vu Lëtzebuergesch méi a méi verdäitschen.

An deem Kontext war ech an engem Hotel mat meeschtens auslännesche Gäscht an eng pénibel Situatioun geroden. Am Salon souzen e puer deer Leit, Belsch, Hollänner, Fransousen an Däitscher ëm eng Zeitung, déi e Lëtzebuerger leie gelooss hat. Vum Nopeschdësch aus hun ech héieren, datt se iwwert eis Finanzplaz diskutéiert hun an awer och iwwer d'Sproochen, déi bei eis geschwat gin. Well se wossten, datt ech Lëtzebuerger wir, hun se mech doriwwer ugesprach a gefrot, ob däitsch eis Nationalsprooch wir, ech hun hinne geäntwert datt eis Nationalsprooch Lëtzebuergesch wir. Ob déi Zeitung hei eng däitschsproocheg Zeitung vu Lëtzebuerg wir, wollten se wëssen, well se zu 90% op däitsch geschriwwe war ? - Wéi da lëtzebuergesch géif geschriwwe gin, hun se viru gefrot. Ech hun eng Säit no der anerer ëmgedréint an eréischt bei den Doudesannoncen sin ech op lëtzebuergesch gestouss, a wëll de Verstuerwenen aus der Stad war, och fir d'éischt op d'Wuert Lëtzebuerg.

Wann dat symbolesch as fir eis Sprooch, da bleift vu Lëtzebuerg eventuell nach d'Bankeplaz "Luxemburg oder Luxembourg" bestoen, awer keng Lëtzebuerger Sprooch als Identitéit méi. Domat kënnt de Gauleiter Gustav Simon, wann en nach géif liewen, de "Schlächter" vun dausende Lëtzebuerger, dee viru 50 Joër behaapt hat: "Luxemburgisch ist nur ein Dialekt und die Muttersprache ist Deutsch", triumphéieren!

***Wëllen d'Lëtzebuerger him posthum déi Satisfaktioun gin an hir Hemechtssprooch, Symbol vun eiser Identitéit als fräit, onofhängegt a souveränt Lëtzebuerger Vollek, stierwe loossen?***

## SEPTEMBER 1993

### Que toute la lumière soit faite!

Le CLAE exprime son inquiétude et sa stupéfaction suite aux brutalités qui auraient été commises, sans aucune raison, par des fonctionnaires de la gendarmerie à l'encontre d'un ressortissant espagnol.

Le CLAE attend des autorités que toute la lumière soit faite sur cette affaire. Si les faits reprochés aux gendarmes en question sont prouvés, ils devront être punis en conséquence.

La presse fait état d'autres témoignages concernant divers cas de brutalités commises par les forces de l'ordre. Si cela s'avère réalité, il faudra, sans aucun doute, que les autorités prennent les mesures nécessaires face aux responsables pour que les forces de l'ordre soient purgées de ces éléments nuisant à leur image et contribuant ainsi à faire naître une certaine crainte des citoyens à leur égard.

Le Luxembourg est un pays multiculturel par excellence. Les personnes qui y résident contribuent à son essor économique, démographique, social et culturel. La diversité de ses habitants est aussi sa richesse.

Il nous appartient à nous tous de travailler et d'agir pour mieux nous connaître et pour que cette société devienne de plus en plus tolérante et ouverte.

Comité de liaison
et d'action des étrangers

### „Que toute la lumière soit faite“

**Äntwert un de CLAE wéint séngem Lieserbréif vum 28.8.93 am LW**

De „Comité de liaison et d'action des étrangers“ brauch keng Angscht ze hu fir d'auslännesch Matbiirger hei am Land, well Lëtzebuerg as keng Bananerepublik mä e Rechtsstaat, a fir eng korrekt Opklärung vun der Affär wäerten eis zoustänneg Instanzen a Justia schons suergen. Datt Lëtzebuerg „un pays multiculturel par excellence“ as, do as nët drun ze zweiwelen. Dat as bewisen duerch déi héich Zuel vun Ausländer déi bei eis liewen an denen et hei esou gutt gefällt, datt se nët méi wëllen heemgoen.

D'Ausländer si nët mat der Intentioun op Lëtzebuerg komm fir den „essor économique, démographique, social et culturel“ vun eisem Land ze hiewen, mä si si komm well se hei Aarbecht fonnt hun, néierewou méi verdingen, an och well eis staatlech Sozialleeschtungen bedäitend besser sin ewéi bei hinnen doheem. Lëtzebuerg as kee Polizeistaat mä en tolerant Gaaschtland fir Ausländer an huet sech näischt ze reprochéieren.

Et wir interessant ze wëssen, ob Lëtzebuerger am Ausland sech esou eng Kritik un de „forces de l'ordre“ erlaben däerften. L.R.

Lucien REISCH

***Déi arrogant Améschong vun der CLAE an d'Aarbecht vun eise wichtegsten Autoritéiten vum Land, déi vun Uerdnong a Recht, war fir mech nët acceptabel, dofir méng Äntwert.***

***Wéi gët d'Zoukonft vun eisem klenge Land, der Heemecht vun de Lëtzebuerger?***

Senningerbierg, den 22. November 1993.

Un Direktioun vum "LUXEMBURGER WORT"
2. rue Christophe Plantin.
L. 2988. LETZEBUERG.

Als Abonnent a Lieser vum "LUXEMBURGER WORT"
zënter Joer an Dag erlaben ech mer Iech och mol eng
Lecture vu mir ze schécken.
"Méng Erënnungen un de Krich 1940-1945"
déi ech fir eis Nokommen geschriwwen hun, sollen si
informéieren iwwer d'Zäit vun deemols.
Dat soll si motivéieren fir datt eisem klenge Land mat
iwwerhéichen Zuel vun Auslänner, d'Lëtzebuerger Identitéit,
eis Sprooch an eis Kultur erhale bleiwen.

Mat frëndleche Gréiss.

Lucien REISCH
pensionnéierten Techniker vum Findel
90. Reimerstrooss.
L. 2443 Senningerbierg.